

Sproochlech Bildung
am éischte Cycle

Deel 2:

D'Kand

a seng Sprooch(en)



Impressum

Déi konkret Beispiller an dësem Recueil ginn typesch Situatiounen aus dem Schoulalldag erëm a versichen, wichteg Aspekter aus deene verschiddene Kapitele méi gräifbar ze maachen. Si sinn aus deene villfältegen Erfarunge vun de Membere vum Aarbechtsgrupp an aus dem Austausch iwwert dës Erfarungen eraus entstan.

© Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

ISBN: 978-99959-1-236-9

Koordinatioun: Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend,
Service de l'Enseignement fondamental

Mise en page : Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
Lëtzebuerg, 2018

www.enseignement-fondamental.lu

Sproochlech Bildung
am éischte Cycle

Deel 2:

D'Kand

a seng Sprooch(en)



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Inhaltsverzeechnes



Kapitel 2:

Dimensioune vu Méisproochegkeet

2.1	Wat gëtt ënnert Méisproochegkeet verstanen?.....	6
2.2	Charakteristike vu Méisproochegkeet	12
2.3	Zesammenhank tëschent alldagssproochlechen a kognitiv-schoulesche Kompetenzen	24
2.4	Méisproochegkeet a kulturell Diversitéit	27
2.5	Referenzen	30

Kapitel 3:

Sproochlech Entwécklung an een- a méisproochege Kontexter

3.1	Global Siichtweis als Ausgangspunkt	34
3.2	Entwécklung vun der mëndlecher Sprooch	37
3.3	Sproochlech Entwécklung am simultan zweesproochege Kontext	55
3.4	Sproochlech Entwécklung am fréie sequenziell zweesproochege Kontext	57
3.5	Problemer an der Sproochentwécklung	60
3.6	Referenzen	62



Kapitel 2

Dimensioune vu Méisproochegkeet

An dësem zweete Kapitel gi verschidden Dimensioune vu Méisproochegkeet beliicht. Fir d'éischt gëtt d'Virstellung vu Méisproochegkeet, op där d'Konzeptioun vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle opbaut, beschriwwen. Uschléissend gi wichteg Begrëffer am Zesammenhank mat Méisproochegkeet erklärt (Éischtsprooch(en), Familljesprooch(en), Zweetsprooch(en), Friemsprooch(en)) a mam Sproocherwerb a Relatioun gesat (Éischtsprooch-, Zweetsprooch- a Friemsproocherwerb), ier de Kontext, an deem d'Kand Sprooch léiert, an de Mëttelpunkt réckelt. Fréi Méisproochegkeet huet eng Rëtsch vu Virdeeler, wann d'Bedéngungen, ënnert deenen e Kand Sprooch léiert, stëmmen. Hei ginn déijéineg beschriwwen, déi esouwuel doheem wéi a Bildungskontexter relevant sinn. De Gebrauch vun de Sproochen am noen Ëmfeld vum Kand gëtt detailléiert duergestallt an déi positiv Auswierkunge vun enger fréier méisproocheger Bildung gi kuerz beschriwwen. Niewent de Sproochen (*langues*) geet et an dësem Kapitel awer och ëm d'Aart a Weis, wéi e Kand seng Sproochen a verschiddene Kontexter notzt (*langage*). De Sproochgebrauch am schoulesche Kontext an, domat verbonnen, déi spezifesche Ufuerderungen un d'Schwätzen an d'Héierverständnis vun de Kanner ginn an de Bléck geholl. Zum Schluss vum Kapitel gi wichteg Aspekter vu kultureller Diversitéit a méisproocheger Kontexter beschriwwen an et gëtt duergestallt, a wéi enger Relatioun si zu den Éischtsproocher stinn.

2.1 Wat gëtt ënnert Méisproochegkeet verstanen?

Méisproochegkeet ass en heefeg zitéierten a vill gebrauchte Begrëff. Et gëtt eng ganz Rëtsch vun Definitiounen, déi dëse Begrëff versichen z'ëmräissen a sech méi oder manner iwwerschneiden. D'Virstellung vu Méisproochegkeet, op där d'Konzept vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle opbaut, ass déi vum Europäesche Rot (2001):

„(...) eine kommunikative Kompetenz, zu der alle Sprachkenntnisse und Spracherfahrungen beitragen und in der die Sprachen miteinander in Beziehung stehen und interagieren. In verschiedenen Situationen können Menschen flexibel auf verschiedene Teile dieser Kompetenz zurückgreifen, um eine effektive Kommunikation mit einem bestimmten Gesprächspartner zu erreichen.“ (COE 2001, S. 17)

2.1.1 Kommunikativ Kompetenz

Kommunikativ Kompetenz – wat ass dat?

Kommunikativ Kompetenz – dëse Begrëff gëtt haut heefeg gebraucht, wann et ëm d'Sproochen an d'Sproocheléieren an der Schoul geet. Awer wat heescht „kommunikativ“ an dësem Zesammenhank? E kommunikativ kompetente Mënsch, dee méisproocheg opwiisst, ka sech an ënnerschiddleche Situatiounen a mat verschiddene Gespéichspartner effektiv ënnerhalen; „effektiv“ am Sënn vun der Situatioun an dem jeeweilege Géintwëer ugepasst (cf. Tracy 2008). Fir e méisproochege Mënsch heescht dat, datt hien net nëmmen d'Sprooch, mä och d'Aart a Weis, wéi hie schwätzt, un d'Situatioun upasse kann.

Awer och bannent enger an där selwechter Sprooch ginn et verschidden Aart a Weisen, fir sech auszédrecken. Beispillsweis ënnerscheet sech d'Manéier, wéi zwee Aarbechtskollegen an der Mëttespaus iwwert d'Wieder schwätzen, vun där, wéi si hiren neie Projet hirem Chef presentéieren. Och d'Schoul huet, wann een dat esou ka soen, hir eege Sprooch, déi sech vun där an Alldagssituatiounen ënnerscheet.

Hei ass Flexibilitéit gefrot. Op där enger Säit ka sech e méisproochege Mënsch an engem eesproochege Modus, dat heescht op eng Sprooch bezunn, jee no Situatioun, mëndlech oder schrëftlech ausdrécken. Beispillsweis schwätzt e Lëtzebuerger Mammesproochler mat der franséischsproocheger Vendeuse beim Bäcker Franséisch. An engem däitschsproocheger Kontext gräift hien op déi däitsch Sprooch zeréck fir beispillsweis eng Rechnung am Restaurant ze bezuelen. Op där anerer Säit kann hien awer och tëschent verschiddene Sproochen hin- an hierwiesselen: Wann eng däitschsproocheg Persoun bei de Bäcker kënnt a sech e Gespréich tëschent béide Klienten an der Vendeuse entwéckelt, kann de Lëtzebuerger Mammesproochler ouni Weideres mat der Vendeuse op Franséisch schwätzen an där zweeter Kliente op Däitsch äntweren. Dee Moment ass hien an engem méisproochege Modus.

D'Lara schwätzt doheem mat sengen Eltere Portugisesch. Zënter dem Precoce ass hatt och mam Lëtzebuergesch a Kontakt. Mëttlerweil kann hatt sech an der Klass ganz gutt mat portugisesch- a lëtzebuergeschsproocheger Kanner ënnerhalen. Meeschtens mécht hatt dat an engem eesproochege Modus, benotzt also virun allem eng Sprooch. Am Gespréich mat Kanner, déi déi zwou Sproochen verstinn, wiesselt d'Lara jee no Kontext (beispillsweis dann, wann hatt iwwert Saache schwätzt, déi hatt virun allem aus dem familiäre Kontext kennt) vun där enger an déi aner Sprooch: An deem Moment ass hatt an engem méisproochege Modus, an deem hatt ganz flexibel déi verschidde Sproochen gebraucht, déi hatt versteet a schwätzt.

Déi kommunikativ Kompetenz vun engem Mënsch ëmfaasst verschidden Aspekter:

- linguistesche Aspekter, déi sech op formalsproochlech Elementer bezéien (beispillsweis de Wuertschaz, d'grammatesch Reegelen an d'Lautbild vun enger Sprooch);
- pragmatesche Aspekter, déi sech op d'sproochlecht Handele selwer bezéien (beispillsweis iwwerleet ee sech am Virfeld vun engem wichtege Gespréich, wéi eng Aspekter ee betount a wéi eng Argumenter et brauch, fir e Gespréichspartner z'iwwerzeegen);
- soziolinguistesche Aspekter, déi sech op déi verschidde Formen vu sproochlech Handele bezéien (beispillsweis gëtt bei der SMS un de Frënd an der Reegel eng aner Form vu Sprooch gebraucht wéi an dem Schreiwe un de Chef).

Domat bezitt sech de Begrëff vun der „kommunikativer Kompetenz“ op d'Sproochhandlungsfäegkeet vun enger Persoun insgesamt (cf. Hütterli 2012, S. 188).

De Sproochschaz vun engem Mënsch an déi domat verbonne sozial a kulturell Erfarunge wuesse mat him an deem Mooss, wéi säi soziaalt a kulturellt Liewensëmfeld méi grouss gëtt: vun der oder de Sproochen, déi an der Famill geschwat ginn, iwwert d'Sprooch vum der Schoul an dem Beruff bis hin zu de Sprooch vum der Gesellschaft an deem Land, wou hie leeft respektiv wou hie studéiert oder schafft (cf. COE 2001). Sproochwëssen an -erfahrungen an deene verschiddene Sprooch stinn net niewenteneen, mä interagéiere mateneen a beaflosse sech géigesäiteg. Deemno ass d'Méisproochegkeet op individuellem Plang ganz facettäräich an et kann ee soen, datt et esou vill Forme vun individueller Méisproochegkeet gëtt wéi méisproocheg Mënschen.

2.1.2 Villsproochegkeet a Méisproochegkeet

De Begrëff „Méisproochegkeet“ ass ganz villschichteg a bezitt sech souwuel op d'Sprooch vum engem Mënsch wéi och op d'Sproochen, déi an engem bestëmmte Kontext gebraucht ginn. Aus deem Grond ënnerscheet den Europäesche Rot, fir Kloeerheet ze schafen, tëschent Villsproochegkeet (*multilinguisme*) a Méisproochegkeet (*plurilinguisme*). Während Méisproochegkeet (*plurilinguisme*), sech op d'Sprooch bezitt, déi e Mënsch versteet, schwätzt, liest a schreift (cf. 2.1.1, S. 6), bezitt sech Villsproochegkeet (*multilinguisme*) op d'Sproochevillfalt an engem bestëmmte Gebitt oder an enger Gesellschaft. E villsproochegt Gebitt ka vun eesproochege Mënsche bewunnt sinn. Grad esou kënnen an engem majoritär eesproochege Gebitt vill méisproocheg Mënsche liewen. Duerch seng Dräisproochegkeet an duerch d'Villfalt vun den Éischtsprooch vum senge Bewunner ass Lëtzebuerg dat villsproochegt Land *par excellence*. Am Ënnerscheed zu anere Länner wéi der Schwäiz oder der Belsch ass zu Lëtzebuerg d'Verwendung vun de Landessproochen net op bestëmmte Gebidder beschränkt. Déi Lëtzebuerger Villsproochegkeet zeechent sech villméi duerch en Niewenteneen an e Matenee vun de Sproochen aus (cf. MENFP 2008, S. 12), zu deem zum engen all d'Sproochen an zum aneren all d'Liewensberäicher, ob ëffentlech oder privat, gehéieren (cf. Fehlen/Heinz 2016). Am éischten Deel gëtt d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg am Detail beschriwwen.

2.1.3 Méisproocheg Entwécklung allgemeng

De Mënsch ass fir Méisproochegkeet gemaach

Praktesch all Kand huet déi néideg ugebuere Viraussetzungen, fir méi wéi eng Sprooch an engem fréien Alter ze léieren. D'mënschlech Sproochfäegkeet an d'Sproochléierfäegkeet sinn op Méisproochegkeet an net op Eesproochegkeet ausgeluecht (cf. Wode 2009). Dee gläichzäitegen Erwerb vu méi wéi enger Sprooch iwwerfuerdert d'Kand net, wann d'Bedéngungen, ënnert deenen hatt dës Sprooch léiert, stëmmen (ibid, S. 43).

D'Sproochentwécklung selwer verleeft vu Kand zu Kand ënnerschiddlech, an dat onofhängeg dovun, ob e Kand een- oder méisproocheg opwiisst. Villméi sinn et déi kommunikativ Ufuerderungen a sengem noen Ëmfeld, déi sproochlech Erfarungen, déi e Kand mécht (sief et an der Famill oder an der Crèche), a seng perséinlech Bedierfnesser, déi seng Sproochentwécklung beaflossen (cf. Seele 2017).

„Dabei ist zu beachten, dass es ‚den‘ idealtypischen mehrsprachlichen Spracherwerb nicht gibt, sondern auch dieser unter erheblich variierenden Bedingungen stattfindet. Mehrsprachig aufwachsende Kinder weisen in Abhängigkeit von ihren jeweiligen Lebensbedingungen (unter anderem der Sprachpraxis innerhalb der Familie) sehr unterschiedliche Spracherwerbsbiografien und damit Sprachkompetenzen auf.“ (Deseniss 2014, S. 32)

Wéi gär a wéi verständlech sech e Kand a senger Sprooch ausdrécke kann, ass ganz verschidden. Dacks hänke seng Sproochkompetenze vum Kontext of, an deem déi jeeweileg Sprooch gebraucht gëtt:

De Pol ass dräi Joer al. Hie verbréngt uill Zäit mat senger Mamm bei de Grousselteren op hirem Bauerenhaff. Si schwätzen esou wéi seng Mamm mat him Lëtzebuergesch. Wann de Pol iwwert d'Déiere um Bauerenhaff schwätzt, mécht hien dat meeschtens op Lëtzebuergesch. Mat sengem Papp geet hien dogéint dacks akafen. Well säi Papp Italienesch mat him schwätzt, kennt de Pol e sëllege Bezeechnunge vu Liewensmëttel deemno éischter op Italienesch wéi op Lëtzebuergesch.

De kontextgebundene Gebrauch vum de Sprooch bei engem méisproochge Mënsch kann dozou féieren, datt säi Wuertschaz an enger Sprooch an a bestëmmte Situatiounen méi ausdifferenziert ass wéi an enger anerer. Dat kënnt doduerch, datt e méi dacks an dëser Sprooch wéi an där anerer/deenen anere gebraucht gëtt (wéi am Fall vum Pol am Beispill uwendriwwer: Lëtzebuergesch gëtt mat Bezoch op de Bauerenhaff an Italienesch am Buttek gebraucht). Dës hänkt natierlech ëmmer vum där aktueller Situatioun of a ka sech am Laf vum Liewe méi oder manner staark änneren (cf. 3.3, S. 55).

Sproocherwerb a Sproocheléieren ënnert neuropsychologesche Gesiichtspunkten

Speziell bei Kanner, déi scho fréi mat zwou oder méi Sprooch Kontakt hunn, sinn déi eenzel Sproochen neurologesch gesinn enk matenee verknëppt. Ënnersichungen aus der Computertomographie weisen, datt déi selwecht Arealer ugewise ginn, wann e Mënsch noenee béid Sprooch benotzt (cf. Hoppenstedt/Apeltauer 2010, S. 18). Dat heescht, datt d'Gehir déi zweet oder drëtt Sprooch, déi virum Ofschloss vum drëtte Liewensjoer geléiert gëtt, esou wéi eng Éischtsprooch behandelt (cf. Gasser 2008, S. 69). De Wuertschaz, d'Aussprooch an d'Grammatik ginn onbewosst opgebaut an an deene selwechten Netzwierker, virun allem am Broca-Areal¹, verankert.

Kanner, déi méi spéit mat enger zweeter Sprooch a Kontakt kommen, leeë fir déi nei Sprooch nei neuronal Netzstrukturen un. Hei sinn éischter net déi selwecht, mä Nopescharealer aktiv (cf. Meisel 2008; De Simini 2011). An deem Fall schwätzt ee vu sequenziellem Zweetsproocherwerb (cf. 3.4, S. 57). Beispillweis ënnerscheede sech d'Gehiraktivitéite vum dräisproochegen Erwuessenen, déi d'Sprooch fréi geléiert hunn, vum deene vum Erwuessenen, déi eng Sprooch eréischt nom zéngte Liewensjoer geléiert hunn. Am zweete Fall ass d'Gehiraktivitéit op verschidde Gehirarealer verdeelt, während si sech bei engem Mënsch, deen eng Sprooch ganz jonk léiert, méi op ee Beräich konzentréiert.

¹ D'Broca-Areal, och nach Broca-Sproochzentrum genannt, ass eng Regioun an der lénker Gehirnhallschent.

Als Fazit aus den Erinnerungen am Bereich von der Neuropsychologie sieht der Peter Gasser (2008, S. 70):

„Wer in den ersten drei Lebensjahren unter günstigen Bedingungen zwei oder drei Sprachen lernt, erwirbt diese Sprachen mit praktisch identischen Broca-Netzen der Muttersprache – und schafft damit strukturelle Anknüpfungspunkte für weiteres Sprachenlernen.“

Dieser Verknüpfung äußert sich beispielsweise dadurch, dass in einem gegebenen Kontext die Bezeichnungen an zwei Sprachen „aktiviert“ sind:

D'Lisa (d'Lisa aus dem Beispiel von der Seite 7) schwätzt in einem altersentsprechenden Entwicklungsstand Portugiesisch und Letzeburgerisch. Wie Wieder kennt hat dann auch schon an diesen zwei Sprachen, speziell die Wieder, die doheim an und an der Schule auch gebraucht sind. Schwätzt d'Lisa beispielsweise in einem Dialekt, so sind die zwei Bezeichnungen „Dialekt“ und „*mesa*“ gleichzeitig präsent. Je nach Gesprächspartner greift hat ganz flexibel auf die eine oder andere Bezeichnung zurück. Voraussetzung ist, dass hat die Bezeichnungen diesen zwei Sprachen korrekt zugeordnet kann, dass hat also weisst, dass „Dialekt“ ein Letzeburgerisch und „*mesa*“ ein portugiesisches Wort ist.

2.2 Charakteristike vu Méisproochegkeet

2.2.1 De Stellewäert vun der Éischtsprooch/den Éischtsproochen

Éischtsprooch(en), Mammesprooch(en), Familljesprooch(en)

D'Éischtsprooch vun engem Kand ass, wéi de Begrëff et seet, déi Sprooch, mat där e Kand als éischt a sengem Liewen a Kontakt kënnt. D'Bezeechnung „Éischtsprooch“ bezitt sech deemno op d'Reiefolleg, an där d'Kand d'Sprooch léiert.

Am Kontext vun der Méisproochegkeet gëtt och heefeg de Begrëff „Familljesprooch“ gebraucht. Et ass eng Zort „Sammelbegrëff“, deen all déi Sproochen ëmfaasst, déi an der Famill vum Kand geschwat ginn. De Begrëff „Familljesproochen“ ass och e Stéck wäit de Versuch, fir der Komplexitéit an der Villschichtegkeet vu méisproochege Familljekonstellatiounen gerecht ze ginn (Elteren, déi verschidde Sprooch schwätzen a ggfs. eng weider Sprooch als gemeinsam Kommunikatiounssprooch hunn; Familljen, déi eng Sproochvarietéit (en Dialekt) schwätzen asw.).

Ënnert dem Begrëff „Mammesprooch“ gëtt déi Sprooch verstanen, an där e Mënsch sech am léifsten ausdréckt, déi Sprooch, an där hien am beschte seng Gefiller matdeele kann. D'Mammesprooch gëtt dofir dacks als „Sprooch vum Häerz“ bezeechent. Heefeg ass et déi Sprooch, an där e Mënsch déi am wäitsten entwéckelt Kompetenzen huet; dofir schwätzt een dann och vu „mammesproochleche Kompetenzen“. D'Begrëffer „Mammesprooch“ an „Éischtsprooch“ ginn dacks gläichgesat, dat selwecht gëllt fir „mammesproochlech Kompetenzen“ an „éischtsproochlech Kompetenzen“ (cf. 2.4.2, S. 27).

Am wëssenschaftleche Kontext gëtt d'Bezeechnung „Mammesprooch“ net gär gebraucht, well dës staark emotional konnotéiert ass. Et ass net ëmmer eenditeg, wéi eng Sprooch mat Mammesprooch gemengt ass. An deem Fall, wou béid Elterendeeler verschidde Sprooch schwätzen, kann e sech esouwuel op d'Sprooch vun der Mamm wéi op d'Sprooch vum Papp bezéien.

Et gëtt Kanner, déi méi wéi eng Éischtsprooch hunn:

Dem Ivo seng Mamm schwätzt Franséisch a säi Papp schwätzt mat him Finnesch. Zesumme schwätze si Englesch. Den Ivo wiest deemno dräisproocheg op, och wann de Kontakt mat deenen dräi Sproochen ënnerschiddlech intensiv ass. Well dem Ivo seng Mamm hallefdaags schaffe geet, verbréngt si méi Zäit mam Ivo wéi de Papp, dee ganzdaags schafft.

Kanner wéi den Ivo wuessen doheem méisproocheg op. Si hunn zwou oder dräi Éischtsproochen, dat heescht zwou oder dräi Sproochen, déi si vu Klengem u gläichzäiteg léieren. An deem Fall gëtt vun duebelem oder, am Fall vum Ivo, vun dräifachem Éischtsproocherwerb geschwat. An der Reegel ass de Kontakt mat deene verschiddene Sproochen ënnerschiddlech intensiv, esou wéi am Beispill vum Ivo, deem seng staark Sprooch déi Franséisch ass.

D'Bezeechnung „Éischtsprooch(e)“ gëtt am Kontext vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle benotzt. Domat gëtt d'Reiefolleg, an där d'Kand d'Sprooch léiert, ervirgehewen.

Déi staark Sprooch vun engem Mënsch

Méi wäit uwen ass et schonn ugeschwat ginn: D'Sproochen, mat deenen e Kand opwiisst, sinn net alleguer gläich staark entwéckelt. D'Kompetenzen an där Sprooch, déi am wäitsten entwéckelt ass, déi sougenannte staark Sprooch (cf. Åsa Olsson/Sullivan, S. 175; Tracy 2008, S. 51), spillen eng wichteg Roll fir déi allgemeng Entwécklung vun engem Kand. Hei fält et him méi liicht, fir sech matzedeelen, seng Gefiller auszedrécken an intensiv Bezéiungen a sengem noen Ëmfeld opzebauen. Déi staark Sprooch beaflosst deemno a besonneschem Mooss déi sozial-emotional Entwécklung vum Kand genee wéi och déi kognitiv Entwécklung. Dofir ass et wichteg, datt si och dann, wann hatt an d'Schoul geet, weiderhi gefërdert gëtt, virun allem, wann et keng Sprooch vun der Schoul ass. Dëse Volet betrëfft esouwuel d'Elteren wéi och d'Schoul a wäert am drëtten Deel am Detail duergeluecht ginn.

Enkgekoppelt un d'Kompetenzen an der staarker Sprooch sinn d'Kompetenzen, déi am Schoulkontext opgebaut ginn, ënnert anerem d'Lies- a Schreiffäegkeet an d'Fäegkeet, fir abstrakt Relatiounen – beispillsweis am Kontext vu mathematesche Problemléisungen – z'erfaassen an ze verschaffen

(cf. Fthenakis et al. 1985; Nauwerck 2013; Deseniss 2014). En differenzéierte Wuertschaz a komplex grammatesch Strukturen an där staarker Sprooch erméiglechen et dem Kand net nëmmen, d'Welt méi bewosst ze gesinn an ze verstoen, mä och méi liicht weider Sproochen ze léieren.

E méi spéiden oder ënnerbrachten Erwerb vun der staarker Sprooch bremscht dogéint déi kognitiv Entwécklung vum Kand an erschwéiert och d'Léiere vu weidere Sproochen (cf. Cummins 1979; ÖSZ 2012). Et kënnt vir, datt déi zweet Sprooch vun engem Kand vun engem gewësse Moment u seng staark Sprooch gëtt. Dëst ass besonnesch dann de Fall, wann d'Kand méi en intensive Kontakt mat där zweeter Sprooch huet (beispillsweis wann d'Eltere mat hirem Kand an en anert Land plënnere oder wann d'Kand d'Schoulsprooch méi gebraucht wéi d'Sprooch(en), déi an der Famill geschwat ginn). Et kënnt zu engem „Émschloe vun der Dominanz“, dat heescht, datt déi dominant Sprooch am Liewe vum Kand ännert.

De Matthieu schwätzt vu Gebuert un doheem Franséisch mat sengen Elteren. Am Hierscht geet hien an de Precoc. D'Elteren, déi selwer fléissend Lëtzebuergesch schwätzen, iwwerleeën, fir vun elo un doheem konsequent déi lëtzebuergesch Sprooch mam Matthieu ze gebrauchen, fir hie beschtméiglech op de Precoc virzebereeden. Franséisch ass dem Matthieu seng staark Sprooch. Wann elo dat Lëtzebuergesch an d'Plaz vum Franséischen trëtt, wäert de Matthieu sech no an no an dëser Sprooch matdeele kënnen. D'Motivatioun an dat néidegt Versteesdemech fir déi nei Sproochsituatioun spillen hei eng bedeitend Roll. Et wäerten awer uill Méint vergoen, bis déi lëtzebuergesch Sprooch den Entwécklungsstand vum Franséischen erreecht huet. Doriwwer eraus wäert d'Entwécklung vun der staarker Sprooch, dem Franséischen, wahrscheinlech stagnéieren.

D'Éischtsprooch(e) spillen och eng wichteg Roll an der Entwécklung vun engem positive Selbstbild a sinn Deel vun der Perséinlechkeet vun engem Kand. Gëtt der Éischtsprooch/den Éischtsproochen wéineg Wäertschätzung entgéintbruecht, sou kann dëst dozou féieren, datt d'Motivatioun, fir weider Sproochen ze léieren, méi kleng gëtt oder ëmgedréint, datt d'Kand keng Motivatioun opbréngt fir d'Sproochen, déi an der Famill geschwat ginn, weider ze gebrauchen. Och dës Iwwerleeung däerf beim Matthieu net vergiess ginn. D'Schoul spillt hei eng wichteg Roll, andeems si Raum fir d'Éischtsproochen vun de Kanner schafft (cf. 4.2.4, S. 15; 6.3, S.103).

2.2.2 Zweetsproocherwerb versus Friemsproocherwerb

Vun der Definitioun vun der Éischtsprooch als déi Sprooch, mat där e Kand als éischt a Kontakt kënnt, loosse sech aus sproochwëssenschaftlecher Siicht d'Begrëffer Zweet- an Drëttsprooch ofleeden. Si bezéie sech op déi Sproochen, déi e Kand no der Gebuert als zweet oder drëtt Sprooch an der alldeeglecher Interaktioun mat de Mënschen a sengem Ëmfeld léiert.

An der Schoul kann eng Sprooch och als Zweetsprooch vermëttelt ginn. Dat ass dann de Fall, wann d'Sprooch net just a strukturéierte schoulesche Situatiounen gebraucht gëtt, mä wann si och am Liewensëmfeld vum Kand an domat an Alldagsituatiounen eng Roll spillt. Hei spillt d'Kommunikatioun eng wichteg Roll beim Sproocheléieren an d'Kand ka säi Sproochwëssen direkt gebrauchen. Jee no Situatioun (Schoulkontext oder Alldag) ginn awer och verschidde sproochlech Ufuerderungen un hatt gestallt. Dëst bréngt e permanente „Balanceakt“ tëschent dem Uwende vun der neier Sprooch an alldeegleche Situatiounen an a strukturéierten Aufgaben mat sech (cf. Knapp/Oomen-Welke 2010, S. 183).

Vu Friemsproocherwerb schwätzt een, wann eng Sprooch duerch systemateschen, formalen Unterrecht geléiert gëtt (cf. Triarchi-Herrmann 2012, S. 26). D'Sproocheléiere verleeft no enger festgeluechter Progressioun. D'Interaktiounen an där neier Sprooch ginn haaptsächlech duerch den Unterrecht gesteiert a beschränke sech gréisstendeels op de Schoulkontext. De Friemsproochenunterrecht ass ënnert anerem vu strukturéierten Aufgaben a sproochlechen Upassunge vu Säite vum Léierpersonal gepräagt (cf. Ahrenholz 2010).

Zu Lëtzebuerg hunn déi verschidde Sproochen jee no Kontext ënnerschiddlech Funktiounen (cf. 1.1, S. 10). Esou ass Däitsch beispillsweis Alphabetiséierungs- a Kommunikatiounssprooch. Däitsch gëtt deemno an engem schoulesche Kontext geléiert, ass awer wéinst der Verwandtschaft mam Lëtzebuergesche fir lëtzebuergeschsproocheg Kanner keng Friemsprooch. Doriwwer eraus spillen déi verschidden Éischtsproochen vun de Kanner wéi och déi spezifesch Sproochkonstellatiounen an hirem Ëmfeld eng bedeitend Roll: Wat fir déi eng Kanner eng Friemsprooch ass, kann zu gläicher Zäit fir anerer eng Zweetsprooch sinn. Beispillsweis kann d'Mediepräsenz vun der däitscher Sprooch dozou féieren, datt si fir Kanner, déi heefeg däitschsproocheg Emissiounen op der Telée kucken, och doheem präsent ass, während aner Kanner mam Däitsche virun allem an der Schoul Kontakt hunn. Dësen Ëmstand huet en Afloss dorop, wéi si d'Sproochen léieren. D'Komplexitéit vun der Lëtzeburger Sproochesituatioun erlaabt et net, fir d'Sproochen no klassesche linguistesche Begrëffer ze uerdnen (cf. MENFP 2008, S. 16 f.).

2.2.3 Bedéngungen, déi den Erwerb vun der méisproocheger Kompetenz beaflossen

Fréi Méisproochegkeet huet eng Rëtsch vu Virdeeler, wann d'Ëmstänn, ënnert deenen e Kand Sprooch léiert, stëmmen. Op deene folgende Säite ginn e puer vun deene wichtigste Bedéngunge beschriwwen. Si si fir all Kontext relevant (Famill, Schoul, Maison relais asw.) a betreffen déi wichtigst Bezugspersounen vum Kand (d'Elteren an aner Familljememberen awer och d'Léierpersonal an d'Educateuren/d'Educatrizen). Op de Schoulkontext bezunn, kënnen si net nëmme wichteg Impulser fir Elteregesprécher ginn, mä och als Ausgangspunkt geholl gi fir Aktivitéiten ze plangen an ëmzesetzen.

Stabil Relatiounen als Grondlag fir d'Sproochentwécklung

Déi emotional Bezéiungen tëschent dem Kand a sengen noe Bezugspersounen bidden eng wichteg Grondlag, fir eng oder méi Sproochen ze léieren. An enger Relatioun, déi op Vertrauen a Wäertschätzung baséiert, ass e Kand ganz besonnesch sproochlech aktiv, lauschtert no, deelt sech gär mat an erzielt iwwert seng Erfahrungen. Am beschte geschitt dëst am gemeinsamen Handeln, sief et während dem Spill oder an alldeegleche Situatiounen, an deenen dat, wat gemaach gëtt, gläichzäiteg sproochlech beschriwwen gëtt.

Quantitéit a Qualitéit vum sproochlechen Input

Fir datt e Kand sproochlech Kompetenzen an enger oder méi Sproochen entwéckele kann, ass et wichteg, datt vill a gutt mat him an der jeeweileger Sprooch geschwat gëtt, beispillsweis an ofwiesslungsräiche Sätz, déi vill Kontraster ubidden an déi an hirer Längt dem Entwécklungsstand vum Kand ugepasst sinn (cf. 7.1, S. 112). Dës Bedéngunge sinn ëmsou méi wichteg, wann et ëm déi staark Sprooch vum Kand geet a wann d'Sprooch vun engem Interaktiounspartner gebraucht gëtt, deen heefeg mam Kand interagiert an eng positiv emotional Bezéiung zu him huet.

Deemno ass et immens wichteg fir déi sproochlech Entwécklung vun all Kand, datt seng no Bezugspersounen wa méiglech an hirer staarker Sprooch mat him schwätzen. Dëst ass och e Kärmessag mat Bléck op Elteren, déi méi Sproochen doheem schwätzen an onsécher sinn, wéi si hiert Kand/hir Kanner am beschte sproochlech fërdere kënnen (cf. Beispill vum Matthieu; 2.2.1, S. 12).

Sproochlecht Handelen a konkreten a sënnovolle Situatiounen

Niewent der Quantitéit an der Qualitéit vum sproochlechen Input kënnt et och op d'Manier un, wéi e Kand d'Sproochen a sengem noen Ëmfeld gebraucht. Hatt muss ëmmer nees selwer d'Méiglechkeet hunn, sech sproochlech matzedeelen an dat a Kontexter, déi fir hatt Sënn maachen an déi hatt erausforderen, fir ze schwätzen. Nëmme als aktive Partner an der reegelméisseg Interaktioun mat den noen Bezugspersonen kënne sech déi sproochlech Kompetenze vum engem jonke Kand altersentspreechend weiterentwéckelen. Och dëst ass e ganz wichtege Prinzip an der (méi)sproocheger Bildung, déi am drëtten Deel beschriwwen gëtt.

Bewusste Sproochgebrauch vum de Bezugspersonen

Fir d'sproochlech Entwécklung vum engem Kand ass et besonnesch wichteg, datt d'Bezugspersonen a sengem noen Ëmfeld d'Sproochen bewusst gebrauchen. Hiert Sproochverhalen, dat heescht d'Manier, wéi si hir Sproochen an der Interaktioun mam Kand asetzen a wéini si op wéi eng Sprooch(en) zeréckgräifen, spillen hei eng bedeitend Roll. Besonnesch bei Kanner, déi fréi mat méi Sproochen a Kontakt kommen (beispillsweis eng Sprooch vum Papp, eng Sprooch vum der Mamm, eng gemeinsam Kommunikatiounssprooch an der Famill, villäicht nach eng Sprooch vum der „Nounou“ oder, am Fall vum enger Trennung an der Famill, eng Sprooch vum neie Partner), ass et wichteg z'iwwerleeën, wéi déi Sproochen am beschten am Ëmfeld vum Kand „organiséiert“ kënne ginn, fir hatt net z'iwwerforderen.

Dem Iris seng Eltere schwätze verschidde Sproochen: De Papp schwätzt Lëtzebuergesch, d'Mamm Portugisesch an en einfacht Lëtzebuergesch. Mam Iris schwätze si an hirer jeeweileger Éischtsprooch. Wa si all zesumme sinn, schwätze si Lëtzebuergesch. Fält et der Mamm schwéier, fir hir Gefiller a Gedanken op Lëtzebuergesch matzedeelen, gräift si och emol op franséisch Wieder zeréck.

Doduerch datt d'Bezugspersonen hir Sproochen bewusst asetzen, gëtt sech d'Kand deenen eenzelne Sproochen bewusst a kann dës méi lichter ënnerscheeden (am Fall vum Iris „*sou wéi meng Mamm seet*“ oder „*sou wéi de Pappa schwätzt*“). Sech de verschiddene Sproochen bewusst ze ginn an ze sinn, ass en zentralen Aspekt vu *language awareness* an e wichtegt Zil an engem Konzept vu méisproocheger Bildung.

D'Mamm vum Milène a vum Laurent ass zweesproocheg Lëtzebuergesch – Franséisch opgewuess. Si setzt hir méisproocheg Kompetenze ganz bewusst bei hiren zwee Kanner an. An alldieegleche Situatiounen (beispillsweis beim Dëschdecken) schwätzt si Lëtzebuergesch mat hinnen. Wa si eng franséisch Sendung op der Tëlee kucken, baut d'Mamm Brécken tëschent de Sproochen, andeems si dat, wat op der Tëlee geschwat gëtt, op Lëtzebuergesch iwwersetzt. D'Milène an de Laurent fänken un, d'Sendungen op Franséisch ze verstoen a gebrauchen heiansdo schonn dat eent oder anert franséisch Wuert. D'Mamm setzt hir Sprooche bewusst jee no Kontext/Situatioun an a vermeit no Méiglechkeet en Hin- an Hiersprangen tëschent dem Franséischen an dem Lëtzebuergesch (cf. Hoppenstedt/Apeltauer 2010). Et ass natierlech net ausgeschloss, datt net och emol franséisch Wieder an déi alldieegleche Situatiounen mat erafléissen, beispillsweis wann d'Kanner mat der Mamm den Dësch decken. Dat ass normal an ass Deel vun engem dynamesche Sproochgebrauch.

Fir datt d'Kanner léieren, bewusst mat de Sproochen ëmzegoen, ass et wichteg, datt si eng Orientéierung hunn, a wéi engem Kontext a mat wéi enge Mënsche wéi eng Sprooch gebraucht gëtt (cf. Chilla a Fox-Broyer 2014, S. 44). Jonk Kanner léieren esou déi verschidde Sprooche vuneneen z'ënnerscheeden a gesinn de Sënn an d'Noutwendegkeet vun enger Trennung an (cf. Scharff 2013), dat heescht déi Sprooch ze benotzen, déi et an enger bestëmmter Situatioun brauch. D'Milène an de Laurent, am Beispill uewendriwwer, kënnen déi zwou Sprooche vuneneen ënnerscheeden a wëssen och, wéini wéi eng Sprooch gebraucht gëtt.

Zäitpunkt vum Sproocheléieren

Besonnenesch fir den Erwerb vun enger zweeter Sprooch ass natierlech och den Zäitpunkt vum Éischtkontakt e wichtigen Aflossfacteur. Jee nodeems, wéi al d'Kand dee Moment ass, schwätzt een dofir vu simultanem oder sequenziellem Erwerb (cf. 3.3, S. 55; 3.4, S. 57).

Individuell Facteuren

Allgemeng gëtt et eng Rei vun individuelle Facteuren, déi den Erwerb vu sproochleche Kompetenze beaflossen:

- Perséinlechkeetsmierkmoler wéi beispillsweis d'Motivatioun, fir Sprooch(en) ze léieren, sozial-emotional Kompetenzen, Charaktereegenschafte wéi Oppenheet a Kommunikatiounsfreed.
- Intern individuell Viraussetzunge wéi beispillsweis déi auditiv Veraarbechtungs- a Wahrnehmungsfäegkeeten a besonnesch dat auditivt Kuerzzäitgediechtnes, dat och als phonologeschen Aarbechtsspäicher bezechent gëtt.

Einfach ausgedréckt ginn am phonologeschen Aarbechtsspäicher auditiv Reizer, speziell dat, wat d'Kand an der Kommunikatioun mat senger Bezugspersounen héiert, fir eng kuerz Zäit gespäichert. Während där Zäit ginn dës Aussoen net just inhaltlech, mä och formal analyséiert an dann duerno, jee nodeems, wéi wichteg dës Informatiounen fir d'Kand sinn, am Laangzäitgediechtnes gespäichert. De phonologeschen Aarbechtsspäicher spillt eng ganz wichteg Roll an der Sproochentwécklung. Kanner mat spezifesch Sproochentwécklungsstéierungen (cf. 3.5, S. 60) hunn en ageschränkte phonologeschen Aarbechtsspäicher a sinn op e sproochlechen Input ugewisen, deen un dës ageschränkte Fäegkeeten ugepasst ass: kuerz, einfach Sätz mat ville Variatiounen.

2.2.4 D'Sproochen am noen Ëmfeld vum Kand

Knapps een Drëttel vun de Kanner am éischte Cycle wisst aktuell doheem zweesproocheg op (MENJE 2017, S. 31). Am Fall, wou d'Elteren ënnerschiddlech Sproochen schwätzen, kënnst gären nach eng weider Sprooch dobäi, déi als gemeinsam Mëttel fir d'Verstännegung an der Famill gebraucht gëtt. Och fir Kanner, déi doheem mat enger Sprooch opwuessen, ass d'Méisproochegkeet eng Alldagsrealitéit. Iwwert d'Medien, d'sozial Kontakter a speziell duerch Erfarungen baussent der Famill si si méi oder weëneger regelméisseg mat méi wéi enger Sprooch a Kontakt. Fir déi allermeeschte Kanner kënnst hei nach dobäi, datt déi Sprooch, déi doheem an der Famill gebraucht gëtt, eng aner ass wéi d'Kommunikatiounssprooch an der Crèche, der Maison relais oder der Schoul. A verschidde Kontexter ginn deemno verschidde Sproochen geschwat.

Sproochgebrauch vu méisproochge Kanner

Déi sproochlech Realitéite vun de Kanner si ganz ënnerschiddlech. Vill vun hinnen entwéckele scho fréi e komplex sproochlecht Potential. Déi eenzel Sprooch baue sech zwar onofhängeg vuneneen op, mä sinn enk matenee verbonnen. De Kanner hir méisproocheg Kompetenz ass deemno méi wéi d'Zomm vun de jeeweilege Kompetenzen an den eenzelne Sproochen. Scho fréi gesäit een, datt Kanner all hir Sproochkenntnisser an -erfahrungen notzen an tëschent verschiddene Sproochen hin- an hierwiesselen, wann d'Situatioun et erfuerdert. An enger éischter Phas maachen d'Kanner dat onbewosst. Spéider, wa si d'Sprooch vuneneen ënnerscheeden, setze si dës sougenannten *Interlanguage-Effekter* méi bewosst an. De Sproochewissel gëtt dee Moment ënnert anerem vu pragmatische Bedéngunge beaflosst, an zwar am Sënn vun enger effektiver Kommunikatioun (cf. Seele 2017, S. 14). Esou kënnen d'Kanner, wann hinnen déi sproochlech Mëttele feelen, fir sech an enger Sprooch verständlech ze maachen, op eng aner Sprooch zeréckgräifen. Mat deem selwechte Gesprächspartner kënnen d'Kanner esou jee no Situatioun esouwuel eesproocheg wéi méisproocheg kommunizéieren; dëst virun allem, wann och hire Gesprächspartner d'Sprooch versteet (cf. Tracy 2008). Dëse Sproochewissel bedeit net onbedéngt, datt d'Kanner eng Sprooch net gutt genuch kënnen an dofir op eng aner zeréckgräifen, mä an engem vu Méisproochegkeet gepräagten Alldag ass dëst eng gängeg Sproochpraxis (cf. De Houwer 2009; Neumann 2015; Panagiotopoulou 2016), en „Ausdrock vun hirer kommunikativer Kompetenz“ (Seele 2017, S. 14). Dëst ass ganz am Sënn vun der Definitioun vum Europäesche Rot (cf. 2.1, S. 6).

Sproochgebrauch vu méisproochegen Erwuessenen

Et ass wichteg, e méiglechst villfältegt sproochlecht Ëmfeld ze gestalten, an deem d'Kanner déi verschidde Sproochen, mat deene si opwuessen, gebrauche kënnen (cf. De Houwer 2009). An der aldeeglecher Interaktioun mam Kand gebrauchen déi zwee Elterendeeler déi Sprooch, an där si sech wuelfillen. Heibäi handelt et sech meeschtens ëm hir staark Sprooch. Esou huet d'Kand optimal Bedéngungen, fir sech d'Éischtsprooch(en) am familiäre Kontext unzeeegenen, dëst op natierlechem Wee an am Kader vun enger staarker emotionaler Bezéiung.

Am Fall wou jidderee vun deenen zwee Elterendeeler eng aner Sprooch schwätzt an d'Sprooch vum Partner versteet, wisst e Kand mat zwou Sprooch gläichzäiteg, deemno simultan zweesproocheg, op. Verstinn d'Eltere sech géigesäiteg net, gräife si op eng drëtt Sprooch zeréck, déi hir gemeinsam

Kommunikatiounssprooch ass. D'Kand huet an deem Fall vu Klengem u Kontakt mat dräi Sproochen.

Mat hirer Mamm schwätzen d'Saskia an den Igor Russesch. Hire Papp versteet kee Russesch; hie schwätzt Lëtzebuergesch mat hinnen, wa si dräi eleng sinn. Zesumme verstännege si sech op Englesch; d'Mamm an de Papp hunn Englesch an der Schoul geléiert.

Kanner, déi mat méi wéi enger Sprooch opwuessen, bannen déi jeeweileg Sproochen entweder un eng Persoun oder un eng Situatioun (cf. Schneider/Frye 2011). D'Eltere vum Saskia a vum Igor hu sech dofir entscheet, de Sproochgebrauch gréisstendeels un der Persoun festzemaachen. Fir datt d'Kanner mierken, a wéi enger Sprooch grad mat hinne geschwat gëtt, kënnen d'Eltere bewosst vun enger an déi aner Sprooch wiesselen. Esou gewinne si sech och drun, datt a verschiddene Kommunikatiounssituatiounen ënnerschiddlech Sprooche geschwat ginn. Vill Kanner, wéi den Igor an d'Saskia, léiere scho fréi, datt eng Persoun och méi wéi eng Sprooch schwätze kann.

Heefeg iwwerleeën Elteren, déi d'Schoulsprooche schwätzen, dës an der Kommunikatioun mat hirem Kand ze gebrauchen, fir hatt esou beschtméiglech op d'Schoul virzebereeden. Hei stellt sech d'Fro, wéi dëst ka gemaach ginn, wann d'Sprooch vun der Schoul net déi staark Sprooch vun den Elteren ass. An deem Fall kënnen d'Eltere punktuell Situatiounen schafen, an deene si mam Kand bewosst an där Sprooch schwätzen (beispillsweis wa si eng Geschicht op Lëtzebuergesch erzielen oder e Spill op Lëtzebuergesch maachen). Esou kritt dës Sprooch eng fest Plaz an der aldeeglecher Kommunikatioun. D'Elteren hunn eng wichteg Virbildfunctioun, weise sech offen an interesséiert anere Sprooche géintiwier.

Dem Edina seng Mamm a säi Papp schwätzen doheem Albanesch mat hire Kanner. An der Schoul kënnt d'Edina a Kontakt mat der Lëtzebuurger Sprooch. Och dem Edina seng Mamm léiert Lëtzebuergesch an Owescoursen. No engem Gespréich hunn d'Enseignante an d'Mamm zesumme festgehalen, datt d'Edina niewent de Bicher aus der Bibliothék och reegelméisseg déi Geschichte mat heem hält, déi an der Schoul dee Moment am Kader vun deem aktuelle Projet oder Thema behandelt ginn. D'Edina kennt d'Geschicht op Lëtzebuergesch a kann dës mat der Mamm zesumme nach eng Kéier doheem erzielen. Doniewent gëtt d'Mamm e puer Mol am Joer an d'Schoul invitéiert, fir eng Geschicht op Albanesch z'erzielen.

Gebrauch vun de Sproochen am Kontext vun der Migratioun

A Familljen, an deenen eng oder e puer aner Sprooche wéi d'Sprooch(e) vun der Gesellschaft geschwat ginn, trëtt de Wiessel tëschent de Sproochen heefeg op. D'Majoritéit vun dëse Familljen hält an enger éischter Phas um Gebrauch vun hiren Éischtsprooche fest, och dann, wann déi eenzel Familljemembere Kompetenzen an där dominanter Sprooch vun der Gesellschaft hunn. Bis elo gouf ugeholl, datt dës Sprooch vun der Gesellschaft bannent dräi Generatiounen d'Éischtsprooch als Kommunikatiounssprooch an de Familljen ofléist (cf. Deseniss 2014, S. 31). Dëst schénkt awer net méi an deem selwechte Mooss richteg ze sinn, well sech d'Immigratioun net méi wéi nach virun enger Retsch vu Joren op e bestëmmten Zäitraum beschränkt (beispillsweis wéi am Fall vun der italienescher Migratioun), mä en dauerhafte Prozess ass. Heefeg fanne sech Famillje mat där selwechter Sprooch an engem geografesche Raum erëm; dëst ënnerstëtzt d'Loyalitéit zu der Hierkonftssprooch. Dozou kënnt, datt de Gebrauch vun de Medien (Televisiounsprogrammer an alle Sproochen, Internet asw.) an haitege Kommunikatiounsmëttelen (vu Viber iwwer Whatsapp bis hin zu Skype), sou wéi déi gutt Mobilitéitsméiglechkeeten, déi de regelméisseg Kontakt mat der Famill am Ursprongsland vereinfachen, d'Erhale vun enger Sprooch garantéieren.

Déi ënnerschiddlech Sproochsituatiounen an deenen eenzele Familljen deiten drop hin, datt et net „dat Rezept“ fir de Sproochgebrauch am noen Ëmfeld vum Kand gëtt. Et ass allerdéngs wichteg, datt d'Elteren dee Sproochgebrauch wielen, mat deem si sech am wuelste fillen. Dëst erlaabt hinnen, konsequent am Ëmgank mat deene verschiddene Sproochen ze bleiwen – dëst virun allem, wann hir Kanner nach kleng sinn.

2.2.5 Positiv Auswierkunge vun enger fréier méisproocheger Bildung

A villen Etüden (cf. Riehl 2004; Bialystok 2007) gëtt ënnerstrach, datt Kanner, déi scho fréi a reegelméisseg mat méi wéi enger Sprooch a Kontakt sinn, insgesamt méi sproochgewandt sinn. An engem fréien Alter léiert e Kand, ënnert anerem duerch déi gréisser Plastizitéit vum Gehir, Sproocher méi liicht. Wann d'Bedéngunge stëmmen, ënnert deenen d'Kand d'Sproocher léiert (cf. 2.2.3, S. 16), kann hatt Kompetenzen a méi wéi enger Sprooch opbauen, déi an deenen eenzele Sproocher vergläichbar si mat deene vu Kanner, déi eesproocheg opwuessen. Derbäi kënnt, datt méisproocheg Kanner scho fréi léieren, tëschent de Sproocher hin- an hierzewiesselen an z'iwwersetzen. Si hu méi eng grouss Offenheet anere Kulture géintwärt.

Et gëtt och ugeho, datt fréi méisproocheg Kanner, duerch de gläichzäitegen Erwerb vun zwou oder méi Sproocher, besser entwéckelt metasproochlech Kompetenzen hunn, dat heescht, datt si Sproocher matenee vergläiche kënnen, Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten erkennen asw. Si kënnen méi liicht hir Opmierksamkeet steieren: Dëst kënnt dohier, datt si vu Klengem u léieren, ëmmer nees eng Sprooch z'ënnerdrécken, wa si sech an där anerer matdeelen (cf. Tracy 2008, S. 60; Fürstenau 2017).

All Sprooch, déi spéider dobäikënnt, léiere méisproocheg Kanner an der Reegel méi einfach a méi séier wéi Kanner, déi an deenen éischte Liewensjore mat enger eenzeger Sprooch grouss ginn (cf. Gasser 2008). All weider Sprooch „dockt sech“ neurologesch gesi besser un déi besteeënd Sproocher un. Déi kognitiv Flexibilitéit soll och dozou féieren, datt eeler méisproocheg Leit kognitiv „méi fit“ si wéi eeler eesproocheg Leit, dëst opgrond vun der fréier Konfrontatioun mat méi Sproocher. Hir Reaktiounszäite si méi kuerz an hiert Kuerzzäitgediechtnes ass oft méi performant (cf. Tracy 2008, S. 60).

2.3 Zesammenhank tëschent alldagssproochlechen a kognitiv-schoulesche Kompetenzen

Aus deem, wat bis elo gesot gouf, geet kloer ervir, datt eng méisproocheg Entwécklung u sech keng kognitiv Iwwerfuerderung fir e Kand duerstellt. D'mënschlecht Gehir weist déi néideg Voraussetzungen op, fir méi wéi eng Sprooch gläichzäiteg ze léieren. Allerdéngs sinn déi sproochlech Kompetenze bei méisproocheger Kanner nach méi wéi bei eesproocheger Kanner ganz ënnerschiddlech entwéckelt, wat op e sëllegen Aflossfacteuren zeréckzeféieren ass (cf. 2.2.3, S. 16). Déi interindividuell Ënnerscheeder, virun allem op der zäitlecher Schinn, si ganz grouss.

Wéi ënnert 2.1 beschriwwen, ëmfaasst déi kommunikativ Kompetenz, ob an engem een- oder méisproocheger Kontext, eng Rei Aspekter, dorënner och déi soziolinguistesche a pragmatesche Aspekter. E Mënsch passt d'Aart a Weis, wéi hie sech ausdréckt, un d'Situatioun an d'Gesprächspartner un. De schoulesche Kontext stellt beispillsweis aner sproochlech Ufuerderungen un e Kand wéi déi sproochlech Kommunikatioun an der Famill. De kanadesche Wëssenschaftler Jim Cummins ass ee vun deenen Éischte gewiescht, deen e Bewosstsinn dofir geschaf huet, datt de Sproochgebrauch am schoulesche Kontext spezifesch Ufuerderungen un déi linguistesche, soziolinguistesche a pragmatesche Kompetenz vun engem Kand stellt an dat onofhängeg dovun, ob hatt doheem een- oder méisproocheg opwiisst (cf. Fürstenau/Gomolla 2011; Dehn/Oomen-Welke/Osburg 2012; Neugebauer/Nodari 2012; Gogolin et al. 2013; Salem et al. 2013). Hien huet bewosst tëschent alldagssproochleche Kompetenzen a Sproochkompetenzen, déi verstärkt a Bildungskontexter zum Droe kommen, ënnerscheet:

- Als BICS (*Basic Interpersonal Communicative Skills*) bezeechent hien déi kommunikativ Kompetenzen, déi fir d'Verstännegung am Alldag vu Bedeitung sinn.
- Ënnert CALP (*Cognitive Academic Language Proficiency*) versteet hien déi kognitiv- akademesch Kompetenzen, dat heescht déi Form vu Sprooch, an där d'Léieren an der Schoul stattfënnt. Am Kontext vu sproochlecher Bildung am éischte Cycle gëtt de Begrëff „kognitiv-schoulesch Sproochkompetenze“ gebraucht (cf. Neugebauer/Nodari 2012).

2.3.1 Alldagssprooch

De Begrëff *Basic Interpersonal Communicative Skills* bezitt sech op déi mëndlech a schrëftlech Ëmgangssprooch, déi an der Reegel un eng bestëmmte Situatioun gebonnen ass.

„Alltagssprachliche Kompetenzen (BICS) erwerben Menschen weitgehend im sozialen Kontakt. Auch Menschen, die keine Schule besuchen bzw. besucht haben, entwickeln alltagssprachliche Kompetenzen. An einem Alltagsgespräch teilnehmen, eine Erinnerungshilfe auf einem Zettel festhalten oder nach dem Weg fragen, sind sprachliche Handlungen, die keine schulische Bildung erfordern.“ (ibid., S. 17)

Déi mëndlech Ëmgangssprooch mam Kand, ob doheem, an der Crèche/Maison relais oder an der Schoul, ka méi oder manner usprochsvoll sinn. Meeschtens ass si duerch kuerz oder onvollstänneg Sätz, grammatesch einfach Strukturen an e manner ofwiesslungsräichen/differenzéierte Wuertschaz am Verglach zur Schrëftsprooch geprägt (cf. Roth 2008, S. 31; ÖSZ 2012, S. 11). D'Versteesdemech gëtt duerch de gemeinsame Gespréichskontext méiglech (cf. „*contextualized language*“, García 2012, S. 37). Esou setzen d'Kanner beispillsweis Gesten an, weisen op e Géigestand oder bezéien alles mat an, wat sech an hirem Ëmfeld befënnt, fir sech verständlech ze maachen.

2.3.2 Bildungssprooch

Fir méi komplex sproochlech Leeschtunge ginn alldagssproochlech Kompetenzen net duer. Mat *Cognitive Academic Language Proficiency* bezeechent de Cummins déi Form vu Sprooch, déi an der Schoul gebraucht gëtt (kognitiv-schoulesch Sproochkompetenzen). An dësem Kontext gëtt och heefeg de Begrëff vun der Bildungssprooch gebraucht (cf. Habermas 1977; Wandruszka 1981; Gogolin et al. 2011). Et geet hei ëm déi Form vu Sprooch, déi a méi usprochsvolle Kommunikatiounssituatiounen gebraucht gëtt, an deenen de gemeinsame Gespréichskontext net onbedéngt als Verständnissbasis ginn ass (cf. „*decontextualized language*“, García 2012, S. 37). Meeschtens ass d'Bildungssprooch duerch laang an ofwiesslungsräich Sätz, komplex grammatesch Strukturen an en differenzéierte Wuertschaz geprägt. Et geet drëm, no an no d'Sprooch ouni extra-sproochlech Ënnerstëtzen, wéi beispillsweis Géigestänn aus dem Ëmfeld oder Gesten, ze verstoen an och anzesetzen. Dës kognitiv-sproochlech Fäegkeete sinn eng Viraussetzung, fir beispillsweis méi komplex lautsproochlech Äusserungen a schrëftsproochlech Texter ze verstoen.

Nom Cummins (1984) huet e Kand déi ëmgangssproochlech Fäegkeeten no zwee bis maximal dräi Joer intensivem Kontakt mat enger Sprooch geléiert. Fir méi komplex kognitiv-sproochlech Fäegkeete brauch et awer op d'mannst fënnef Joer méi laang. Natierlech spillen déi interindividuell ënnerschiddlech Bedéngungen a Viraussetzungen eng Roll (cf. 2.3, S. 24). Hei ass awer och unzemierken, datt dëst net automatesch passéiert an datt et gëllt, Brécken tëschent béide Forme vu Sprooch hierzestellen. Dësen Aspekt wäert am drëtten Deel am Detail behandelt ginn.

2.3.3 E sproochiwwergräifend Potential

Huet e Kand an enger Sprooch kognitiv-schoulesch Sproochkompetenzen entwéckelt, kënnen déi deelweis op all weider Sprooch iwwerdroe ginn. Dëst gëllt beispillweis fir metasproochlech Kompetenzen; awer och grammatesch Reegele kënnen iwwerdroe ginn: Huet e Kand beispillsweis verstanen, datt d'Endung vum Verb mam Sujet iwwereneestëmme muss (Sujet-Verb-Kongruenz), sou kann hatt dës Erkenntnis och op eng zweet Sprooch iwwerdroen. Mam Bléck op de Sproochgebrauch vum Kand bedéit dëst, datt hatt seng ganz sproochlech Ressourcen matenee kombinéiert an zwar jee no Ufuerderungen, déi un hatt gestallt ginn (cf. Neumann 2015, S. 28).

2.4 Méisproochegkeet a kulturell Diversitéit

2.4.1 Sprooch ass méi wéi nëmme Sprooch ...

Niewent de linguistesche Kompetenzen (beispillsweis d'Notze vu Sproochwëssen) ginn och kulturgebonnen Erfahrungen a kulturellt Wësse mat enger Sprooch vermëttelt. Iwwert eng Sprooch kann e Kand seng Gefiller, seng Gedanken, seng Wënsch asw. ausdrécken. Andeems hatt d'Wuert ergräift, sech verständlech mécht an anerer versteet, kann hatt um gemeinsamen Handeln deelhuele. Iwwert d'Sprooch kritt d'Kand awer och Zougank zu de Gefiller, de Gedanken, den Erkenntnisser an Astellung vum de Persounen a sengem Ëmfeld. Eng Sprooch vermëttelt deemno Wäerter, ass ëmmer en Zeeche vu Gruppenzesummegehéieregkeet a kultureller Identitéit (cf. ÖSZ 2012, S. 6; Young 2013). Ëmgedréint beaflosst och d'Identitéit vum Grupp de Gebrauch vum de Sproochen.

Dës enk Verknëppungen an déi soziokulturell Bedéngungen (Virstellung vum den Erwuessenen iwwert Erzéiung a Kandheet, d'Rolleverdeelung an der Famill asw.) hunn e wichtege Afloss op déi sproochlech Entwécklung vum Kand. Si prägen d'Haltung, déi d'Kand de Sproochen, der Méisproochegkeet an dem Sproocheléiere géintwuer huet. Et ass deemno wichteg, e Bewosstsinn fir déi verschidde Liewensweisen, Originen a Sproochen ze schafen.

2.4.2 D'Éischtsproochen – e wichtege Bestanddeel vum der Perséinlechkeet

Heibäi spillt och d'Éischtsprooch eng bedeutend Roll. Si huet verschidde Funktiounen am Ëmfeld vum Kand an dréit zu senger Perséinlechkeetsentwécklung bäi (si ass Mëttel fir éischt sozial Kontakter hierzestellen, si huet eng Signalfunktioun fir Bedierfnesser an dat eegent Wuelbefannen auszudrécken, si ass identitéitsstëftend asw.). An deem Kontext ass et wichteg, d'Bedeutung vum der Mammesprooch nach eemol ze thematiséieren: d'Sprooch, déi an enke Bezéiunge gebraucht gëtt, an där e Mënsch sech am léifsten ausdréckt. Betruecht een d'Mammesprooch mat Bléck op d'Méisproochegkeet, gëtt engem bewosst, datt dës Begrëff ganz ënnerschiddlech Bedeitung kann hunn an emotional beluecht ka sinn.

D'Enseignante am éischte Cycle huet portugisesch Originen. Hir Grousseltere sinn aus Portugal op Lëtzebuerg komm. An hirer Famill gëtt Lëtzebuergesch a Portugisesch geschwat. Mat der portugisescher Sprooch a Kultur fillt d'Enseignante sech iwwert hir Grousselteren an och duerch d'Familljentradiitiounen verbonden; bei hir doheem an och an hirem Frëndeskreies ass haaptsächlech Lëtzebuergesch präsent. Op d'Fro hin, wéi eng hir Mammesprooch ass, äntwert si: „*Eigentlech ass meng Mammesprooch Lëtzebuergesch, ech ka Portugisesch, awer fille mech dem Lëtzebuergesche méi no. Sinn dann elo béid Sproochen meng Mammesproochen?*“

D'Éischtsproochen sinn a bleiwen e besonnesche Bestanddeel vun der Perséinlechkeet vun engem Mënsch. Am Fall, wou e Kand mat e puer Sproochen gläichzäiteg opwiisst, gëtt et op dës Fro no der Mammesprooch kee Richteg oder Falsch. Deemno kann een net vun der Enseignante verlaangen, datt si sech dorop festleet, wéi eng vun deene Sproochen hir Mammesprooch ass.

2.4.3 Astellungen zu Sproochen a Virstellung vu Méisproochegkeet

Schonn am fréien Alter ass e Kand sech bewosst, wéi e Wäert enger Sprooch bäigemooss gëtt. Dofir sinn d'Gefiller an d'Astellung vun den no Bezuchspersounen vum Kand *vis-à-vis* vun enger Sprooch besonnesch wichteg. D'Akzeptanz an d'Wäertschätzung vun de Sproochen am noen Ëmfeld vum Kand hunn e positiven Afloss op säi Sproocheléieren.

D'Astellung vun den Elteren zu hirer Éischtsprooch respektiv zu der gemeinsamer Kommunikatiounsprooch an der Famill ass staark un de Prestige vun der jeeweileger Sprooch gebonnen. Speziell déi traditionell Bildungssproochen, deemno haaptsächlech Däitsch, Franséisch an Englesch, hunn zu Lëtzebuerg en héije Stellenwäert. Vill aner Éischtsproochen, virun allem dann, wann et Minoritéitssproochen sinn, ginn am Lëtzebuurger Kontext éischter mat Skepsis gekuckt. Dës ass awer no den haitegen Erkenntnisser an nodeem, wat uewe gesot ginn ass, net berechtegt. All Sprooch, déi d'Kand schwätzt, ass wäertvoll an dréit zu gréissere méisproochege Kompetenze bäi.

Dat sproochlecht Handele vun de Kanner, den Elteren an och vun den Enseignanten/Enseignanteën an Educateuren/Educatricen ass deemno kulturell geprägt. Wéi schonn ugedeit, ginn dës Handlungen vun ënnerschiddlech normativen Leitbiller beaflosst. Aus Respekt virun der Schoul als Institutioun gëtt beispillsweis a verschiddene Kulturen de Léierprozess ganz der Schoul uvertraut. An enger

Kultur, wou Elterebedelegung groussgeschriwwe gëtt, kann dës Haltung der Schoul géintiwuer als Indifferenz oder Desintressi um Léierprozess vum Kand verstane ginn.

Méisproochegkeet a kulturell Diversitéit sinn nëmme schwéier vuneneen ze trennen. Och beim Sproocheléiere sinn dës kulturell Aspekter net ewechzedenken. Et géllt an éischer Linn, de kulturellen a sproochleche Kontext vun de Kanner z'erfaassen, fir e mat sengen ënnerschiddleche Facettë besser ze verstoen an der Diversitéit Raum ze bidden, datt si och zum Ausdrock komme kann. Wäertschätzung esou wéi e konkret Abezéie vun der Méisproochegkeet an der kultureller Diversitéit erlaben et dem Kand, seng méisproocheg a multikulturell Kompetenzen z'entfalten, fir aner kulturell Praktiken, Originen, Liewens- a Siichtweise besser ze verstoen an awer och allgemeng gültig Praktiken an Haltungen aus senger eegener Kultur a Fro ze stellen. Dëst fleegt och d'Offenheet géintiwuer dem Léiere vun neie Sproochen (cf. 6.3, S. 103).

2.5 Referenzen

Bibliographie

- AHRENHOLZ, B. (2010): Erstsprache – Zweitsprache – Fremdsprache. Aus: AHRENHOLZ, B.; OOMEN-WELKE, I. (Hrsg.): Deutsch als Zweitsprache. Baltmannsweiler: Schneider Verlag Hohengehren, 3-20.
- BIALYSTOK, E. (2007): Bilingualism in Development. Language, Literacy, and Cognition. 6. Auflage. Cambridge: Cambridge University Press.
- CHILLA, S.; FOX-BOYER, A. (2014): Zweisprachigkeit/Bilingualität. Ein Ratgeber für Eltern. Idstein: Schulz-Kirchner.
- COE – Council of Europe (2001): Gemeinsamer Europäischer Referenzrahmen für Sprachen. Lernen, lehren, beurteilen. Straßburg: COE.
- CUMMINS, J. (1979): Linguistic Interdependence and the Educational Development of Bilingual Children. Aus: Review of Educational Research, 49, 222-251.
- CUMMINS, J. (1984): Bilingualism and Special Education. Issues in Assessment and Pedagogy. Clevedon: Multilingual Matters.
- DEHN, M.; OOMEN-WELKE, I.; OSBURG, C. (2012): Kinder & Sprache(n). Was Erwachsene wissen sollten. Seelze-Velber: Klett/Kallmeyer.
- DE HOUWER, A. (2009): Bilingual First Language Acquisition. Bristol: Multilingual Matters.
- DESENISS, A. (2014): Schulmathematik im Kontext von Migration. Mathematikbezogene Vorstellungen und Umgangsweisen mit Aufgaben unter sprachlich-kultureller Perspektive. Wiesbaden: Springer Spektrum.
- DE SIMINI, C. (2011): Seminar: Neurokognition von Hören und Sprache. URL: www.neurowissenschaft.ch/mmeyer/teaching/FS11/Sprache/Mehrsprachigkeit/Mehrsprachigkeit-Folien.pdf (01.08.2018).
- FEHLEN, F.; HEINZ, A. (2016): Die Luxemburger Mehrsprachigkeit. Ergebnisse einer Volkszählung. Bielefeld: transcript Verlag.
- FTHENAKIS, W. E. et al. (1985): Bilingual-bikulturelle Entwicklung des Kindes. München: Hueber.
- FÜRSTENAU, S. (2017): Unterrichtsentwicklung in Zeiten der Neuzuwanderung. Aus: MCELVANY, N. et al. (Hrsg.): Ankommen in der Schule. Chancen und Herausforderungen bei der Integration von Kindern und Jugendlichen mit Fluchterfahrung. Münster: Waxmann, Band 1.
- FÜRSTENAU, S.; GOMOLLA, M. (2011): Migration und schulischer Wandel. Mehrsprachigkeit. Wiesbaden: Springer.
- GARCÍA, O. (2012): Theorizing translanguaging for educators. Aus: BEREZNAI, A.; ALBERS T. (2016): Glossar Sprachliche Bildung & Förderung. Osnabrück: nifbe (Niedersächsisches Institut für frühkindliche Bildung und Entwicklung).
- GASSER, P. (2008): Neuropsychologische Grundlagen des Lehrens und Lernens. Bern: hep-Verlag.
- GOGOLIN, I. et al. (2011): Förderung von Kindern und Jugendlichen mit Migrationshintergrund FÖRMIG. Bilanz und Perspektiven eines Modellprogramms. Münster: FÖRMIG Edition, Band 7.
- GOGOLIN, I. et al. (2013): Herausforderung Bildungssprache – und wie man sie meistert. Münster: Waxmann.
- HABERMAS, J. (1977): Umgangssprache, Wissenschaftssprache, Bildungssprache. Aus: Generalverwaltung der Max-Planck-Gesellschaft (Hrsg.): Max-Planck Gesellschaft Jahrbuch 1977. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht, 36-51.
- HOPPENSTEDT, G.; APELTAUER, E. (2010): Meine Sprache als Chance. Handbuch zur Förderung von Mehrsprachigkeit. Troisdorf: Bildungsverlag EINS.
- HUTTERLI, S. (Hrsg.) (2012): Koordination des Sprachenunterrichts in der Schweiz. Aktueller Stand – Entwicklung – Ausblick. Bern: Generalsekretariat EDK.
- KNAPP, W.; OOMEN-WELKE, I. (2010): Didaktische Konzepte für Deutsch als Zweitsprache. Aus: AHRENHOLZ, B.; OOMEN-WELKE, I. (Hrsg.): Deutsch als Zweitsprache. Baltmannsweiler: Schneider Verlag Hohengehren, 179-196.

MEISEL, J. (2008): The Bilingual Child. Aus: BATHIA, T. K.; RITCHIE, W. C. (Hrsg.): The Handbook of Bilingualism, 3. Auflage. Malden: Blackwell Publishing Ltd, 91-113.

MENFP – Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Grand-Duché de Luxembourg (2008): Bildungsstandards Sprachen. Leitfaden für den kompetenzorientierten Sprachenunterricht an Luxemburger Schulen. Luxemburg: MENFP.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché de Luxembourg (2017): Enseignement fondamental. Cycles 1 à 4. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2015/16.

NAUWERCK, P. (2013): Mehrsprachige Kinderliteratur als Wegbereiterin. Aus: GAWLOTZEK, I.; KÜMMERLING-MEIBAUER, B. (Hrsg.): Mehrsprachigkeit und Kinderliteratur. Stuttgart: Klett, 239-262.

NEUGEBAUER, C.; NODARI, C. (2012): Förderung der Schulsprache in allen Fächern. Praxisvorschläge für Schulen in einem mehrsprachigen Umfeld. Kindergarten bis Sekundarstufe I. Luxemburg: MENFP, Bern: Schulverlag plus AG.

NEUMANN, S. (2015): Lost in Translanguaging? Practices of Language Promotion in Luxembourgish Early Childhood Education. Global Education Review, 1 (2), 23-39.

OLLSON, Å.; Sullivan, K. P. H. (2005): Provoking Dominance Shift in a Bilingual Swedish-American English 4-Year-Old-Child. URL: <http://www.cascadilla.com/isb4.html> (01.08.2018).

ÖSZ – Österreichisches Sprachen-Kompetenz-Zentrum (2012): Handreichung zum guten Umgang mit schulischer Mehrsprachigkeit. Graz: KIESEL neu, Heft 2.

PANAGIOTOPOULOU, A. (2016): Mehrsprachigkeit in der Kindheit. Perspektiven für die frühpädagogische Praxis. München: Weiterbildungsinitiative Frühpädagogische Fachkräfte, WIFF Expertisen, Band 46.

RIEHL, C. (2004): Mehrsprachigkeit – ein Reichtum für alle. Handout. Universität zu Köln.

ROTH, H.-J. (2008): Mehrsprachigkeit als Ressource. Perspektiven für Schule und Elementarbereich. Aus: BERG, C.; FERRING, D.; WEIS, C. (Hrsg.): Sprachförderung in der frühen Kindheit. Bertrange: Rapidpress, 11-36.

SALEM, T. et al. (Hrsg.) (2013): Netzwerke für durchgängige Sprachbildung 1. Grundlagen und Fallbeispiele. Münster: Waxmann.

SCHARFF-RETHFELDT, W. (2013): Kindliche Mehrsprachigkeit. Grundlagen und Praxis der sprachtherapeutischen Intervention. Stuttgart: Thieme.

SCHNEIDER, S.; FRYE, H. (2011): Ein Kind und zwei Sprachen. Eine Informationsbroschüre für Eltern, Lehrer, andere Bezugspersonen und Interessierte. European Research Network for Bilingual Studies. URL: https://www.uni-erfurt.de/fileadmin/user-docs/mehrharmone/Informationsbrochuere_-_Ein_Kind_und_zwei_Sprachen.pdf (01.08.2018).

SEELE, C. (2017): Pädagogische Handreichung. Frühe mehrsprachige Bildung. Luxemburg: Service National de la Jeunesse.

TRACY, R. (2008): Wie Kinder Sprachen lernen. Und wie wir sie dabei unterstützen können, 2. überarbeitete Auflage. Tübingen: Francke.

TRIARCHI-HERRMANN, V. (2012): Mehrsprachige Erziehung. Wie Sie Ihr Kind fördern, 3. Auflage. München: Reinhardt.

WANDRUSZKA, M. (1981): Die Mehrsprachigkeit des Menschen. München: Piper.

WODE, H. (2009): Frühes Fremdsprachenlernen in bilingualen Kindergärten und Grundschulen. Braunschweig: Westermann.

YOUNG, A. (2013): Pour une meilleure prise en compte de la diversité linguistique et culturelle des jeunes enfants. Un exemple de formation d'assistantes de maternelle. Aus: HÉLOT, C.; RUBIO, M.-N. (Hrsg.): Développement du langage et plurilinguisme chez le jeune enfant. Université de Strasbourg, 195-223.



Kapitel 3

Sproochlech Entwécklung an een- a méisproochege Kontexter

D'Sproochentwécklung vum jonke Kand steet an dësem drëtten Kapitel am Mëttelpunkt. Fir d'éischt ginn d'Zesammenhänge tëscht dëser an der Entwécklung an anere Beräicher duergestallt. Uschlëssend gi verschidde wichteg Aspekter vun der mëndlecher Sproochentwécklung an der Éischtsprooch beliicht: Sproochverständnis a Sproochproduktioun, d'phonologesch, d'semantesch an d'grammatesch Entwécklung grad ewéi Sproochléierstrategien. E Bléck op déi grouss Sproochfamilljen an, domat verbonden, op d'Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder tëscht dem Lëtzebuergeschen an aneren am lëtzebuergesche Kontext wichtige Sproochen (Däitsch, Franséisch a Portugisesch) hëlleft, d'Sproochverhale vu méisproochege Kanner besser ze verstoen (Stéchwuert Sproochmëschungen). Uschlëssend ginn ënnerschiddlech méisproochege Liewenssituatiounen beschriwwen: Kanner, déi vun Ufank u mat zwou oder méi Sproochen opwuessen; Kanner, déi méi spéit (an der Crèche/an der Schoul) mat weidere Sproochen a Kontakt kommen. Zum Schluss gëtt d'Kapitel e kuerzen Iwwerbléck iwwert d'Problemer an der Sproochentwécklung an hir Ursachen.

3.1 Global Siichtweis als Ausgangspunkt

De Sproocherwerb ass e komplexe Prozess, dee scho virun der Gebuert ufänkt, sech iwwert vill Joren erstreckt an als wichtege Deel vun der globaler Entwécklung vum Kand ze verstoen ass.

„Kinder lernen nicht etwa nur den Sprachklang, die Satzmelodie, die einzelnen Wörter, die Grammatik, sondern viel mehr: sie lernen, andere zu verstehen; sie lernen, ihren Gefühlen Ausdruck zu geben; lernen zu fragen (...), auf etwas hinzuweisen, etwas zu bezeichnen (...), etwas zu erbitten, sich etwas auszudenken; und manchmal lernen sie auch zwei Sprachen auf einmal. (...) Sprechenlernen ist kein isolierter Vorgang, sondern es ist eingebettet in Situationen und Handlungszusammenhänge, es ist Teil der kindlichen Erfahrungswelt.“ (Dehn/Oomen-Welke/Osburg 2012, S. 8)

3.1.1 Zesammenhank tëschent der sproochlecher an der sozial-emotionaler Entwécklung

Déi sozial-emotional Entwécklung vum Kand ass enk verknëppt mat senger Sproochentwécklung. Dem Kand seng Sprooch entsteet am Kontakt mat der Ëmwelt an de Mënschen a sengem Ëmfeld. Fir sproochlech aktiv ze ginn, brauch d'Kand Bezugspersonen, deenen hatt vertraue kann, déi him Gebuergeheet a Sécherheet vermëttelen; Mënschen, déi him nolauschteren an déi him d'Gefill ginn, datt dat, wat hatt seet a mécht, wichteg a sënnvoll ass. D'Sprooch gëtt hei fir d'Kand zu enger wichteger Grondlag, fir mat aneren ze kommunizéieren, seng Handlungen ze beschreiwen, Gedanken a Gefiller matzedeelen, Erleefnesser ze verschaffen, Wënsch z'äusseren, Zesammenhäng ze verstoen, Handlungen ze plangen asw. Fir e Kand ass et wichteg, ze verstoen, datt hatt mat Hëllef vun der Sprooch seng Gefiller, Wënsch a Bedierfnesser ausdrécke kann an där. D'Sprooch hëlleft him, mat Gefiller ëmzegoen an dës ze verschaffen, a sech no an no a säi soziaalt Ëmfeld z'integréieren. Awer och de kulturellen Hannergrond vun der Famill spillt an dësem Kontext eng entscheedend Roll (cf. 2.4, S. 27).

3.1.2 Zesummenhank tèschent der sproochlecher an der kognitiver Entwécklung

Déi enk Relatioun tèschent der sproochlecher a kognitiver Entwécklung gëtt vum zweete Liewensjoer u besonnesch däitlech. D'Kand erkennt, datt all Géigestand eng Bezeechnung, en „Numm“, huet. Hatt weess, datt e Géigestand oder e Mënsch och dann do ass, wann hatt en net gesäit. Sou freet hatt no senger „Mëllech“ oder no sengem „Petzi“, och wann hatt dës net direkt am Bléck huet. Déi sougenannten „Objektpermanenz“ ass eng wesentlech Viraussetzung, fir schwätzen ze léieren: Wierder sinn nämlech net un d'Präsenz vun engem Objet oder enger Persoun gebonnen, mä si erlaben et, iwwert eppes ze schwätzen, wat scho laang net méi do ass oder nach guer net do ass (ibid., S. 10).

Am Ufank gebraucht e Kand virun allem netsproochlech Mëttelen, fir sech verständlech ze maachen: Beispillsweis weist hatt mat der Hand, mam Bléck oder andeems hatt de Kapp dréint, wat hatt wëllt. No an no gi seng sproochlech Mëttelen ëmmer méi ausdifferenzéiert: Säi Wuertschaz, dee bestänneg wiisst, an d'grammatesch Strukturen, déi hatt no an no erfaasst, hëllefen him, d'Welt ze verstoen, seng Virstellungen an Iddie matzedeele an ze verdeedegen, Erfarungen ze beschreiwen an ze späicheren. Dëst féiert zu ëmmer méi komplexen Denkprozesser. D'Kand stellt vill Froen, fänkt un z'argumentéieren an d'Welt ënnert anerem an hire kausalen („*Firwat ginn d'Blummen duuschtereg?*“) an temporalen Zesummenhäng („*Wéi ech méi kleng war, dunn ...*“) z'erfaassen.

An deenen éischten zwee bis dräi Liewensjoren ass d'Sprooch staark un de Kontext gebonnen. No an no kann hatt iwwert Saache schwätzen, déi net direkt präsent sinn. Beispillsweis kann hatt iwwert eppes schwätzen, dat schonn eriwwer ass, respektiv iwwert eppes, dat eréischt kënnt. Wat hatt méi al gëtt, wat hatt deemno éischter an der Lag ass, seng Sprooch ze gebrauche fir Situatiounen oder Aspekter ze beschreiwen, déi net méi un den onmëttelbare Kontext gebonne sinn.

3.1.3 Zesummenhank tèschent der sproochlecher an der motorescher Entwécklung

Den Handlungs- a Bewegungsspillraum vum jonke Kand gëtt no an no méi grouss an differenzéiert sech ëmmer méi aus: Vum Sëtzten, Kappdréinen, Krabbelen, Rullen, Opstoen iwwert déi éischt Versich ze goe bis zum selbstänneg Goen, Lafen, Sprangen, Hopsen, Trapegoen asw. D'Kand

erschléisst sech nei an onbekannte Raim, entdeckt ënnerschiddlech Perspektiven, léiert nei Mënsche kennen asw. Fir dat ze beschreiwen, wat hatt mat sengem Kapp, sengen Äerm, senge Been, sengen Hänn a Féiss asw. maache kann, wat hatt gesäit an iwwert seng Sënner ophëlt, brauch hatt nei an differenziéiert Ausdrocksméiglechkeeten. Deemno ass et kee Wonner, datt déi sproochlech a motoresch Entwécklung esou enk matenee verbonne sinn (cf. Wiedenmann 1997; Zimmer 2006).

3.1.4 Nei an aner Perspektiven anhuelen

E Kand vun dräi Joer ass an enger Iwwergangsphas vum „Ech“ bei den „Ech an déi aner“. Bei déi staark Perceptioun vun der eegener Perséinlechkeet, vun den eegenen Intressien trëtt no an no d'Bewosstsinn, datt aner Mënschen aner Intressie wéi hatt selwer kënnen hunn an datt si net ëmmer dat selwecht denken a wësse wéi hatt selwer. Dës Ausernanersetzung mat deem oder deenen Anere féiert dozou, datt d'Kand sech lues a lues vu senger egozentrescher Siicht léist. Hatt léiert, d'Perspektiv vun enger anerer Persoun z'iwwerhuelen (dëst erkennt ee beispillsweis beim Rollespill Mamm-Kand), Reegelen ze verstoen an anzehalen a Realitéit a Fiktioun vuneneen ze trennen. Ongeféier vum drëtte Liewensjoer u kann d'Kand u Reegel- a Rollespiller deelhuelen. Och Trotzreaktiounen a Streidereie sinn e feste Bestanddeel vun dëser Phas a gläichzäiteg d'Grundlag fir wichteg Entwécklungsschrëtt an der kognitiver, sozialer a sproochlecher Entwécklung.

Zesummeffaassend kann ee soen, datt de Sproocherwerb op där enger Säit eng wichteg Roll am Sozialisatiounsprozess grad ewéi an der emotionaler Entwécklung vum Kand spillt. Op där anerer Säit huet en e groussen Afloss op seng kognitiv Entwécklung. De Sproochentwécklungsprozess kann deemno ni isoléiert gekuckt gi, mä muss ëmmer am Kader vun der globaler Entwécklung vum Kand gesi ginn: Eng gutt Sproochentwécklung wierkt sech positiv op déi sozio-emotional a kognitiv Entwécklung vum Kand aus an ëmgedrëint.

3.2 Entwécklung vun der mëndlecher Sprooch

D'Meilesteng an der Sproochentwécklung sinn, op d'mannst an deenen éischte Liewensjoren, an de graffen Zich fir all Kand d'selwecht. Si sinn onofhängeg vun deene jeeweilege Sproochen a vun de Bedéngungen, ënnert deenen e Kand eng Sprooch léiert. Grouss Variatioune ginn et awer tëschent de Kanner, wat d'Vitesse ubelaangt, mat där si eng nei Sprooch léieren.

Fir Enseignanten/Enseignanteën, Educateurs/Educatricë grad ewéi fir Elteren ass et wichteg ze wëssen, datt et allgemeng gültig Sproocherwerbsphase gëtt, déi d'Kanner aus enger Klass alleguer duerchlafen, wann och ënnerschiddlech séier.

- Wou ass e Kand a sengem Sproochentwécklungsprozess drun?
- Wéi eng Etappen huet hatt scho gemeeschtert a wat si seng nächst Schrëtt?
- Wat brauch hatt, fir weiderzekommen?
- (...)

D'Wëssen ëm déi wichteg Phase vun der Sproochentwécklung bei jonke Kanner hëlleft den Erwuessenen, de Kanner hir sproochlech Fäegkeeten anzuschätzen an d'Léierëmfeld esou ze gestalten, datt et si an hirer Entwécklung weiderbréngt.

Op deene folgende Säite ginn déi zentral Phasen an der phonologescher, semantescher a grammatescher Entwécklung méi genee ënnert d'Lupp geholl; dëst ëmmer mam Bléck op d'Sproochverständnis an d'Sproochproduktioun. Doriwwer eraus gëtt den Accent op d'Méiglechkeete geluecht, déi déi Erwuessen hunn, fir d'Kanner an hirer Entwécklung ze begleeden an z'ënnerstëtzen. Dës Aspekter sinn net nëmme mam Bléck op d'Entwécklung vum Kand wichteg, mä si sinn och fir den Austausch an d'Zesummenaarbecht mat den Eltere vu grousser Bedeitung:

- Wie kann d'Kand wéi ënnerstëtzen?
- Wéi verhält den Erwuessene sech sproochlech dem Kand géintwärtig?
- Wéi eng Méiglechkeete vun Zesummenaarbecht ergi sech aus deem gemeinsamen Zil eraus, d'Kand a senger sproochlecher Entwécklung beschtméiglech ze begleeden?
- (...)

3.2.1 Sproochverständnis a Sproochproduktioun

D'Sproochverständnis baut sech virun der Sproochproduktioun op: D'Kand, grad wéi den Erwuessenen, verstinn zu all Moment an hirer Sproochentwécklung méi, wéi si selwer schwätzen – an dat onofhängeg dovun, ob si an engem een- oder méisproochege Kontext opwuessen.

Rezeptiven a produktive Wuertschaz

Iwwert de Kontext, an deem geschwat gëtt, d'Intonatioun/d'Betounung, d'Gestik an d'Mimik ginn an enger Interaktioun vill netsproochlech Informatiounen mat de Wieder matgeliiwert. Doduerch versteet d'Kand a sengen éischte Liewensméint, respektiv an deenen éischte Méint nom Kontakt mat enger neier Sprooch, no an no eenzel Wieder oder Äusserungen, déi reegelméisseg an deene selwechten oder ähnleche Kontexter gebraucht ginn. Gëtt also eng sproochlech Struktur dacks am Ëmfeld vum Kand gebraucht, iwwerhëlt hatt dës fir d'éischt a säi rezeptiven an duerno a säi produktive Sproochgebrauch. Ënnert de rezeptive Wuertschaz falen all déi Wieder, déi e Mensch versteet, wann hie si héiert a spéider och liest (cf. Rupp 2013). De produktive Wuertschaz ëmfaasst all déi Wieder, déi hien aktiv gebraucht. Wann e Kand déi selwecht Wieder an ënnerschiddleche Situatiounen, déi fir hatt vu Bedeitung sinn, héiert, kann hatt dës no an no selwer gebrauchen. Dës féiert progressiv zum Iwwergank vum rezeptiven an de produktive Sproochgebrauch. Dat selwecht gëllt iwwregens fir en Erwuessenen.

Wa Wieder aus dem produktive Wuertschaz seele benotzt ginn, kann dat dozou féieren, datt d'Kand, genoe wéi den Erwuessenen, dës mat der Zäit nëmme seelen oder guer net méi gebraucht. Si kënnen Deel vum rezeptive Wuertschaz bleiwen oder awer ganz vergiess ginn.

Wichtigkeet vu Widderhuelungen a Redundanze fir d'Sproochentwécklung

Heefeg Widderhuelungen maachen et dem Kand méi einfach, fir Äusserungen vu senger Matmënschen z'entschlësselen an ze verstoen. Hei ass et selbstverständlech wichtig, datt déi Erwuessenen, dat heescht an éischer Linn d'Elteren, den Enseignant/d'Enseignante an/oder den Educateur/d'Educatrice, sech op d'Kand aloossen, him hëllefen, seng Bedierfnesser ze versproochlechen, an him déi Hëllef ginn, déi hatt brauch, fir an eng Sprooch eranzeklammen.

Beispillsweis gi während dem lessen ëmmer nees déi selwecht Wierder a Sätz gebraucht: „*Wat wëlls du iessen?*“ „*Bass du fäerdeg mat iessen?*“ „*Bass du nach hongreg?*“ „*Ech iessen eng Schmier.*“ „*Du ëss e Bréitchchen.*“

Dat selwecht gëllt fir Redundanzen, dat heescht fir d'Versproochleche vun Handlungen a Situatiounen, déi eigentlech duerch de Kontext scho kloer sinn an net versproochlecht misste ginn (cf. Dannenbauer 1992). Doduerch, datt déi Erwuesse sproochlech dat erëmginn, wat grad geschitt, kritt d'Kand d'Méiglechkeet, dat, wat hatt gesäit, mat deem, wat hatt héiert, ze verbannen.

Den Erwuessene beschreift beispillsweis, wat hie grad mécht: „*D'Jackett hänkt op dem Krop. Ech huelen d'Jackett erof an di se un. Dono dinn ech d'Mutz op de Kapp. Du hëls de Prabbeli, dat ass eng gutt Iddi! Dobausse reent et nämlech riichteran.*“

Äusserungen, déi duerch de Kontext scho kloer sinn oder déi fir d'Kand liicht verständlech sinn, eegene sech besonnesch gutt, fir nei Wierder afléissen ze loossen:

„*Ech dinn déi mof Jackett un. Déi mof Jackett hänkt op dem Krop. Déi orange Mutz passt gutt bei déi mof Jackett.*“

Heefeg Widderhuelungen a verschiddene Kontexter an d'Versproochleche vun Handlungen erlaben et dem Kand deemno, Wierder an Äusserungen, déi vun de Mënschen a sengem Ëmfeld gemaach ginn, no an no ëmmer méi präzis mat Inhalter ze fëllen.

D'Entwécklung vum Sproochverständnis a vun der Sproochproduktioun geschitt an dräi zentrale Beräicher, déi och enk matenee verknëppt sinn: dem phonologeschen, dem semanteschen an dem grammatesche Beräich.

3.2.2 Phonologesch Entwécklung

ler e Kand éischt Wierder an enger Sprooch verstoe kann, muss hatt d'Méiglechkeet hu fir sech an d'Sprooch „eranzelauschteren“. Wann d'Mënschen a sengem Ëmfeld relativ lues, däitlech artikuléiert, betount a mat Pause mat him schwätzen, ass et fir d'Kand méi liicht, dëse „Lautstroum“ opzeschlësselen.

De phonologesche Reegelsystem

D'Kand erkennt no an no déi eenzel Lauter an hatt baut progressiv de phonologesche Reegelsystem op. Dësen ass vu Sprooch zu Sprooch verschidden (cf. Hacker 1999).

De phonologesche Reegelsystem ass am Lëtzebuergeschen anescht wéi am Däitschen. Am Däitsche ginn et beispillsweis just déi dräi Diphthongen „ei“, „au“ an „eu“, am Lëtzebuergeschen ënnert anerem och nach „éi“, „ou“ oder „äi“. Am Franséische ginn et iwwerdeems keng Diphthonger, dofir awer méi Nasallauter wéi am Lëtzebuergeschen (dat heescht Lauter, déi duerch d'Nues ausgeschwat ginn, wéi den [m] an den [n]). Am Franséische ginn och d'Vokaler heefeg nasal ausgeschwat: un [œ̃], mon [mɔ̃], pompe [pɔ̃p], plante [plɑ̃t] oder main [mɛ̃].¹

Mat der Zäit gëtt och d'Artikulation ëmmer méi präzis: Mat 16 Méint bezeechent e lëtzebuergeschsproochegt Kand seng „Trottinette“ beispillsweis als „Nett“; e puer Méint méi spéit schwätzt hatt scho vun enger „Tinett“ oder enger „Tonett“. Hatt wëllt verstane ginn, versicht seng Bezeechnungen un déi vun de Mënschen a sengem Ëmfeld unzepassen an entwéckelt esou seng phonologesch Fäegkeeten no an no weider.

De phonologesche Reegelsystem, deen, wéi gesot, sproochespezifesch ass, gëtt bis sechs Joer ëmmer weider ausdifferenziert. D'Kand ass dann an der Lag, d'Zuel vun de Silben a méi laange Wierder ze bestëmmen an no an no minimal phonologesch Differenzen ze héieren: „Tottinette“ ass net „Trottinette“ an och „Krokinette“ kléngt anescht. Bis an den éischte Cycle era si Bezeechnunge wéi „Tottinette“ oder „Kottinette“ ganz normal. Mat sechs Joer sinn d'Kanner bal all dann esou

¹ An der Phonetik gëtt déi nasal Aussprooch duerch eng Tilde [~] verdäitlecht.

wäit, datt si och Konsonanteverbindungen (beispillsweis „tr“ [tʀ], „kr“ [kʀ], „schr“ [ʃʀ], „schtr“ [ʃtʀ]) richtig ausschwätze kënnen.

Schwiereg z'ënnerscheede sinn an der Reegel Lauter, déi sech ganz ähnlech unhéieren:

- d'Vokaler [i], [e] oder [o], [u];
- d'Plosiver [p], [t], [k] a [b], [d], [g] oder och [b], [p]; [d], [t]; [g], [k];
- d'Frikativer, och als Zischlauter bezeechent: s [s]; ch [ʒ] oder [ç]; sch [ʃ]; f [f] oder [v];
- déi zwee Nasallauter m [m] an n [n] héiere sech och ganz ähnlech un.
- (...)

All dës Lauter si Phonemer aus dem lëtzebuergesche phonologesche Reegelsystem a ginn deemno am Laf vum Erwerb vun de phonologesche Fäegkeete reng iwwert d'Ouer ënnerscheet. Dës Lauter sinn nämlech all bedeutungsënnerscheidend, dat heescht, wann e Laut duerch en aneren ersat gëtt, kritt d'Wuert eng aner Bedeitung: Kaméil/Kanéil; hien/Hiem; Kuch/Duch; Sonn/schonn.

Op dësen Differenzéierungsfäegkeete berout net nëmmen déi phonologesch, mä och déi grammatesch Entwécklung. Dat llicht an, wann een sech déi spezifesch Endunge vun den Nomen jee no Kasuskontext ukuckt.

„Ech leeën d'Zeitung op den Dësch!“: D'Endung vum bestëmmten Artikel weist op en Akkusativkontext hin.

„D'Zeitung läit op dem Dësch!“: Bei dësem Satz weist d'Endung vum bestëmmten Artikel op en Dativkontext hin.

Eréischt duerch d'Ënnerscheidung vun den zwee Phonemen /n/ an /m/ ass d'Kand an der Lag, fir de Kasussystem (op d'mannst intuitiv) z'erfaassen.

Mat de phonologesche Fäegkeeten entwéckelt sech och d'phonologesch Bewosstheet. Ënnert phonologescher Bewosstheet versteet een d'Konzentréieren op linguistesche Eenheeten vun der Sprooch (cf. Küspert & Schneider 2000, S. 12). Hei steet déi formal Struktur vun den Aussoenen am Fokus an net d'Bedeitung vun deem, wat gesot gëtt. Fäegkeeten am Beräich vun der phonologescher Bewosstheet erlaben et dem Kand, sech an d'Sprooch eranzelasschen; si ginn him en Abléck an de lautlechen Opbau vun enger Sprooch. Si hunn eng wichteg Plaz am éischte Cycle (cf. 6.2.4, S. 82).

3.2.3 Semantesch Entwécklung

Begrëffsbildung beim jonke Kand

Am semantesche Beräich geet et an enger éischter Phas ëm den Opbau vum Wuertverständnis. Andeems e Kand de Mënsche ronderëm sech nokuckt, Erfarunge mat Eegenschafte vu Géigestänn mécht (haart, mëll, waarm, kal asw.), baut hatt no an no Konzepter op (cf. Szagun 2011).² E Konzept representéiert d'Wëssen iwwert Géigestänn, Persounen, Handlungen an Eegenschaften (cf. Motsch 2015).

Stull ass net gläich Stull ...

Mat „Stull“ verbënnt e Kand ënnerschiddlech Erleefnesser an erweidert mat all neier Erfahrung säi Wëssen: Op e Stull kann ee sech setzen, e Stull ass mol kal, mol waarm, mol niddereg, mol esou héich, datt een net mat de Féiss op de Buedem kënnt. Et ass net flott, wann een allze laang roueg op engem Stull sëtze muss. Mam Stull kann ee klunschen, et kann een eroffalen, et kann ee sech verkéiert dropsetzen, et mierkt ee séier, wat een däerf respektiv net däerf. Déi eng Still hunn e Réck, duerch anerer kann een derduerch kucken. Wann een zwee Still niewentenee stellt, gëtt et e Bett oder en Zuch oder e Buttek oder eng Bänk oder ... All dës Erfarungen droen zum Konzept „Stull“ bäi an hëllefen dëst ausdifferenzéieren.

An enger zweeter Phas verbënnt d'Kand seng Konzepter mat Sprooch. Op d'Beispill vum Stull bezunn heescht dat, datt all déi Erfarungen an dat Wëssen, dat d'Kand ronderëm de Stull gesammelt huet, mam Begrëff „Stull“ a Verbindung bruecht ginn. Et kann deemno virkommen, datt e Kand e Géigestand kennegeléiert huet, dësen och gebraucht, ouni awer schon déi entspriechend Bezeechnung ze benotzen. Beispillsweis weess hatt, wéi eng Aprikos ausgesäit a wéi si schmaacht, datt si gewäsch gëtt, ier si giess gëtt an datt an der Mëtt e Kär ass, deen een net matësst, ier hatt déi entspriechend Bezeechnung dofir gebrauchte kann.

De Wuertschaz gëtt am mentale Lexikon ofgespäichert. Dëse Lexikon ass e multidimensionaalt an dynamescht Netz: Wann en Element aktivéiert gëtt, schwéngen eng ganz Rei vu semantesche Mierkmoler a Sënnesandrëck mat. Konzepter, déi an enker Relatioun zouenee stinn, gi gläichzäiteg

² Als Synonym fir d'Wuert „Konzept“ gëtt och heefeg d'Wuert „Begrëff“ gebraucht (cf. Motsch 2015).

aktivéiert. De Stull steet beispillsweis meeschtens niewent engem Dësch, ob dat elo an der Kichen, an der Schoul oder am Restaurant ass. Esou ginn enk Relatiounen tëschent de Konzepter „Stull“ an „Dësch“ opgebaut. Am Ufank kënn et zu villen Iwwergeneraliséierungen: E „Wauwau“ kann an engem ganz fréien Alter fir all d'Déiere stoen. Ëmgedréint kann dëst Wuert awer och vun engem Kand just fir den eegenen Hond gebraucht ginn.

Géint Enn vum éischte Liewensjoer produzéiert e Kand seng éischt Wierder, tëschent 18 Méint an 2 Joer huet hatt e produktive Wuertschaz vun ongeféier 50 bis 200 Wierder. Grad an deenen éischte Jore wisst den Ëmfang vum Wuertschaz ganz séier; et kënn zum sougenannte „Wuertschazspurt“ (cf. Zollinger 2010). Deen ass ënnert anerem doduerch bedéngt, datt e Kand nei Wierder séier ofspäichert, dacks schonn, wann hatt d'Wuert just een- oder zweemol héieren huet, an ouni datt een ausdifferenziert semantescht Konzept dohannert steet („*fastmapping*“).

Am eesproochege Kontext gebraucht e Kand mat sechs Joer ëm déi 3.000 bis 6.000 Wierder, zum selwechte Moment versteet hatt awer bal dräimol esou vill Wierder, dat heescht ongeféier 9.000 bis 14.000 (cf. Rothweiler 2001). De produktive Wuertschaz erweidert sech bis an den Erwuessenenalter op ongeféier 15.000 Wierder. Deemno hält e Kand an der Moyenne deeglech aacht nei Wierder a säi rezeptive Wuertschaz op, speziell déi Wierder, déi hatt a vergläichbare Situatiounen heefeg héiert (cf. Bruner 2008).

3.2.4 Grammatesch Entwécklung

Fir speziell méi laang Äusserunge verstoen ze kënnen, sinn niewent phonologeschen a semanteschen och grammatesch Kompetenze wichteg.

Verschidden Zorte vu Sätz

Wann d'Kand d'Funktione vu sproochleche Strukturen erfaasst, versteet hatt Sazdeeler a ganz Sätz. An deenen éischte Liewensjoren erlichert de Kontext d'Erfaasse vun de grammatesche Funktiounen, well dat, wat gesot a gemaach gëtt, enk un déi jeeweileg Situatioun gebonnen ass. A spéidere Liewensjoren, wann d'Sprooch no an no méi dekontextualiséiert gëtt, triede Mëssverständneser op, wann d'Kand eng bestëmmte Funktioun nach net erfaasst huet.

Beispillsweis si Passivsätz net einfach ze verstoen: *De Paulo moolt d'Adriana. De Paulo gëtt vum Adriana gemoolt.* A béide Fäll steet de Paulo am Mëttelpunkt, eng Kéier an enger aktiver an eng Kéier

an enger passiver Funktioun. Am Franséische steet de Sujet an der aktiver Funktioun ëmmer virum Verb: *Paulo dessine Adriana. Adriana dessine Paulo*. Wann een de Paulo am zweete Saz ervirhiewe wëll, da muss een d'Wuert besonnesch betounen. Fir de Passiv, wéi op fir vill aner Funktiounen, gëllt deemno: Et muss een de Passiv verstoen, fir ze verstoen, wee wat mécht.

Relativsätz stellen och héich Ufuerderungen un d'Sproochverständnis vun de Kanner: *De Miguel gëtt dem Alyssa dat Bild, dat si zesumme gemoolt hunn*. De Relativsaz „*dat si zesumme gemoolt hunn*“ bezitt sech op d'Bild. Et geet an dësem Beispill net ëm iergendeent vun dem Miguel senge Biller, mä ëm dat, wat zesumme mam Alyssa entstanen ass. Den Haauptsaz bezitt sech op eng aktuell Situatioun, den Niewesaz op eng vergaangen Handlung. All dës Funktiounen mussen erfaasst ginn, fir dee komplexe Saz ze verstoen.

Déi Lëtzebuergesch Sprooch zeechent sech duerch hire flexibele Sazbau aus (cf. 3.2.6, S. 48), deem esou an anere Sproochen, ënnert anerem a romanesche Sproochen wéi Franséisch, Portugisesch, Italienesch asw. net ginn ass: *D'Mamm gëtt dem Joe de Ball. Dem Joe gëtt d'Mamm de Ball. De Ball gëtt d'Mamm dem Joe*. De Sujet vun dëse Beispillsätz ass d'Mamm. Am Lëtzebuergesche steet de Sujet net onbedéngt wéi an anere Sproochen virum Verb. Dofir muss awer de Substantiv (oder den Numm), deem am Dativkontext steet, markéiert ginn (dem Joe, dem Alyssa). Doduerch ass kloer, datt net de Joe der Mamm de Ball gëtt, mä datt de Joe de Ball vun der Mamm kritt. Ouni d'Markéierung vum Dativ wier de Saz am Lëtzebuergeschen net eendeiteg: *De Joe gëtt d'Mamm de Ball. D'Mamm gëtt de Joe de Ball. (Maman donne le ballon à Joe)*. Kanner, déi mat enger Sprooch opwuessen, an där d'Reiefolleg vun de Wieder am Saz méi strikt ass, hu mat där Flexibilitéit hir Problemer.

Am grammatesche Beräich ass et méiglech, fir Sproocherwerbsphasen ze definéieren, well eng ähnlech Entwécklung bei alle Kanner an hiren Éischtsproochen feststellen ass: E Kand léiert grondleeënd grammatesch Reegele vun der jeeweileger Éischtsprooch an enger bestëmmter Erwerbsreiefolleg (méi präzis Erklärungen heizou ënnert Brown 1973, Clahsen 1984, Lorang 2014). Wat ännert, sinn déi jeeweileg Zäitfënsteren, während deenen d'Kanner d'Reegelen erfaassen an ëmsetzen: Déi eng Kanner léiere bestëmmte grammatesch Strukture méi fréi, anerer méi spéit. Dëst hängt engersäits vun den interne Sproocherwerbsvoraussetzungen vum eenzele Kand of an anerersäits awer och vum sproochlechen Ëmfeld, an deem d'Kand opwiisst: Kritt hatt vill a räichhaltege sproochlechen Input, sinn d'Chancen grouss, datt d'Kand séier sproochlech Kompetenzen opbaut. Virum allem beim zweeten Aspekt gëtt et esouwuel doheem an der Famill wéi och am Schouk Kontext vill Méiglechkeeten, fir unzesetzen.

Wichtig Phase vun der grammatescher Entwécklung

Kanner, déi mat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch opwuessen, duerchlafen an hirer grammatescher Entwécklung déi folgend Phasen:

Mat knapp zwee Joer, wann d'Kand ufänkt, Sätz ze maachen, setzt hatt d'Verb bal ëmmer hannen an de Saz. Meeschtens gebraucht hatt d'Infinitivform oder nëmmen de Stamm-morphem.

„Mamma 'lo iessen.“; „Do Camion fueren.“ D'Verb am Infinitiv steet op där leschter Plaz am Saz.

„Ech dat do mol.“ De Stammmorphem vum Verb „molen“ steet op där leschter Plaz am Saz.

Wann dem Kand seng Sätz méi komplex a méi komplett ginn, réckelt d'Verb ëmmer méi heefeg no vir a kritt ëmmer méi dacks déi richtig Endung.

„Mama ësst elo.“

„Do fiert de Kamion.“

„Ech molen dat do.“

Ongeféier tëschent dräi a véier Joer erfaasst e Kand, dat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch huet, déi entspriechend Reegelen (cf. Schmidt 2010; Motsch 2010):

- An einfachen Haauptsätz gëllt d'Verbzweetstellungsregel, dat heescht, datt dat Verb, dat konjugéiert gëtt (dat finit Verb), op där zweeter Plaz steet.
- D'Sujet-Verb-Kongruenz-Regel bedeit, datt d'Endung vum Verb duerch de Sujet bei Verbe kongruent ass (d'Endung passt bei de Sujet).

„Wat méchs du?“ (1)

„Ech molen eng Blumm.“ (2)

„De Pol huet en Auto gemoolt.“ (3)

„Lo moolt hien nach e Camion.“ (4)

„E laange Camion mools du!“ (5)

„Wëlls du déi wäiss oder déi giel Këscht?“ (6)

„Wäsch deng Zänn!“ (7)

An den Haauptsätz (1) bis (5) steet d'Verb ëmmer op där zweeter Plaz am Saz (Verb-zweetstellung, V2). Dëst kann no engem W-Froewuert sinn (1), no engem Sujet (2, 3), engem Adverb (4) oder engem Nomen an Objektfunktioun, dat besonnesch ervirgehewe gëtt (5). Eenzeg Ausname sinn am Lëtzebuergeschen Entscheidungsformen (6) a Befehlsformen (7), an deenen d'Verb un éischter Positioun am Saz steet.

Scho relativ fréi, dacks am Alter vun dräi Joer, gebraucht e Kand, dat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch huet, déi éischt Niewesätz. D'Niewesätz bezéie sech meeschtens op kausal Relatiounen (1) an op Relativsätze (2). Am Ufank steet d'Verb wéi an den Hauptsätz op der 2. Plaz.

„Ech dinn de Pullover un, well et ass kal.“ (1)
 „Du hëls dee Löffel, dee läit um Dësch.“ (2)

No an no erkennt d'Kand, datt d'Verb an engem Niewesatz, anescht wéi am Hauptsatz, op där leschter Plaz steet. Hatt erfaasst d'Verbendstellungsregel an ennergeuerdenden Niewesätz.

„Ech dinn de Pullover un, well et kal ass.“
 „Du hëls dee Löffel, deen um Dësch läit.“

Den Akkusativ gëtt am Alter vu fënnef bis sechs Joer ëmmer méi dacks richteg gebraucht. D'Endunge stellen am Akkusativkontext kee gréissere Problem am Lëtzebuergeschen duer, si sinn identesch mat den Endungen am Nominativkontext.

„Den Hond spréngt op den Dësch.“ „Ech molen den Hond.“
 „Den Dësch ass brong.“ (Nominativ)
 „Ech molen den Dësch.“ (Akkusativ)
 „D'Haus ass rout.“ (Nominativ)
 „Den Hond leeft an d'Haus.“ (Akkusativ)

Och den Dativ erfaasst e Kand, dat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch schwätzt, an der Regel am Alter vu fënnef bis sechs Joer. Den Dativ ass awer méi komplex wéi den Akkusativ, well d'Dativendunge jee no Genus vum Nomen variéieren (männlech, weiblech oder sächlech). Den Dativ ass eng vun deene grondleeënde Reegelen, déi als lescht erfaasst ginn.

„Den Hond läit ënnert dem Dësch.“ „Ech ginn dem Hond e Kichelchen.“
 „De Petzi läit ënnert dem Dësch.“ (männlech)
 „De Petzi läit ënnert der Tafel.“ (weiblech)

Den Erwerb vum Lëtzebuergeschen als éischt Sprooch ass deemno a graffen Zich bei all Kand vergläichbar, selbstverständlech ënnert Berücksichtigung vu méi oder manner groussen Ënnerscheeder, wat d'Zäitfenster betrëfft.

3.2.5 Sproochléierstrategien

Zu der Sprooch kënn e Kand an der Interaktioun mat Aneren. Eng Sprooch léieren ass an deem Sënn ëmmer en aktive Prozess; all Kand gräift op vergläichbar Strategien zeréck, fir sproochlech méi kompetent ze ginn. Deemno stécht hannert dem Sproocherwerb ëmmer eng individuell Konstruktionsleeschtung vum eenzele Kand.

Ganzheetlech Strukturen (*chunks*)

An enger éischter Phas gi verschidde Strukture ganzheetlech gespäichert, deemno „auswenneg geléiert“. „*Wiem säi Schiertech ass dat?*“; „*Ech ginn op d'Toilette.*“; „*Wie fäert dee schwaarze Mann?*“. Wann een dës Aussoen analyséiert, huet een den Androck, wéi wann d'Verbe richteg konjugéiert wieren an den Dativ korrekt gesat gi wier. A Wierklechkeet sinn et awer Strukturen, déi d'Kand aus sengem Ëmfeld opgegraff an auswenneg en bloc gespäichert huet. D'Kand gebraucht hei eng ganzheetlech oder holistesche Strategie. Si hëlleft him, sech an enger bestëmmter Situatioun verständlech ze maachen, ass awer net onbedéngt en Zeechen dofir, datt hatt déi entspriechend Reegele schonn erfaasst huet. Dofir ass si awer net manner wichteg: Si hëlleft dem Kand, fir an eng Sprooch eranzeklammen an aktiv un der Kommunikatioun deelzehuelen, andeems hatt relativ séier ka selwer produktiv ginn.

Dës ganzheetlech Strategie gëllt net nëmme fir ganz Sätz oder Deelsätz, mä am Lëtzebuergeschen ënnert anerem och fir d'Artikelen. De Genussystem huet am Lëtzebuergeschen eng Rëtsch Reegelméissegkeeten opzeweisen: Phonologesch Reegelméissegkeeten, déi sech no der Lautung riichten (Rutsch, Kutsch, Putsch, Lutsch; Ball, Sall, Krall; Rakéit, Planéit, Tapéit); prosodesch Reegelméissegkeeten, déi sech un der Betounung orientéieren (eng Schossel, eng Muschel, eng Fotell, eng Grimmell); semantesch Reegelméissegkeete beispillsweis op Basis vun der Wuertbildung (d'Sécherheet, d'Dommheet oder d'Opmierksamkeet, alles Wieder mam Suffix „-heet“ oder „-keet“, hunn e weiblechen Artikel). Dës bidden awer sécher keng Grondlag, fir déi sëllegen Nomen mat hiren Artikelen ze späicheren.

Analogien

Eng vun deene wichtigste Strategien ass déi vun der Analogiebildung; si gëtt och als Iwwergeneraliséierung bezechent. Wann e Kand iwwergeneraliséiert, heescht dat, datt hatt eng Reegel, déi hatt an engem Kontext erfaasst huet, op vergläichbar Kontexter iwwerdréit. Huet hatt beispillsweis verstanen, datt d'Verb „molen“ jee no Persoun anescht markéiert gëtt („ech molen“ awer „du mools“), kann hatt dës Reegel ganz séier op e Verb, dat an engem ähnleche Kontext gebraucht gëtt, iwwerdroen („ech bastelen“ awer „du bastels“). Am beschte gesäit een, datt e Kand eng bestëmmte Reegel erfaasst huet, wann hatt dës a Kontexter gebraucht, déi zwar vergläichbar sinn, mä an deenen d'Reegel awer net ugewandt gëtt: „Ech gi bei de Max!“; „Ech gi bei de Ben!“; „Ech gi bei de Diane.“ D'Kand weess, datt hatt en Artikel setze muss, gebraucht awer dee männlechen, villäicht och, well dee weiblechen an dësem Kontext praktesch net ze héieren ass („Ech gi bei d'Diane!“). „Ech si gegaang.“; „Ech hu gefonnt.“: An dësem Fall gëtt de Partizip Perfekt, dee mat der Virsilb „ge-“ gebilt gëtt, och bei Verbe gebraucht, déi zu den Ausname vun der Reegel gehéieren. Ier d'Kand d'Reegel erfaasst huet, huet hatt dës Ausname méiglecherweis korrekt gebraucht, well hatt dës als Ganzt, als ee Block ofgespäichert huet. Nom Entdecke vun enger bestëmmter Reegel kënnen deemno an enger Iwwergangsphas „nei Feeler“ optauchen, déi am Fong net als Feeler unzegesi sinn, mä als Fortschrëtter op dem Wee, fir sech d'sproochlech Reegelen unzueeegnen. Si weisen, wéivill Reegelméisse e Kand an engem bestëmmte Moment schonn huet (de Präfix „ge-“ gëtt benotzt, fir eng Handlung ze beschreiwen, déi an der Vergaangenheet läit).

3.2.6 Verglach vum Lëtzebuergesche mat aneren Éischtsproochen

Net fir all Sprooch leien Etüde vir, déi de Sproocherwerb präzis dokumentéieren. Deen éischte Sproocherwerbsmodell ass am Joer 1973 vum Roger Brown fir déi englesch Sprooch opgestallt ginn. Déi däitsch a franséisch Modeller baséieren ënnert anerem op d'Etüde vu Clahsen (1984), Motsch (2015) an Heinen & Kadow (1990). Déi grondleeënd Etappen am Lëtzebuergesche baséieren op deem däitsche Modell. E Sproocherwerbsmodell gëtt et zanter 2014 och fir déi portugisesch Sprooch (cf. Lorang 2014).

Am éischte Cycle sinn ënnert anerem Lëtzebuergesch, Portugisesch, Franséisch an Däitsch heefeg geschwate Sproochen (cf. MENJE 2015, 2016). Aus deem Grond ginn hei déi sproochstrukturell

Schwéierpunkte vun dëse Sprooch kuerz duergestallt a mam Lëtzebuergesch verglach.³ D'Wëssen iwwert sproochstrukturell Eegenschafte vun enger Sprooch grad ewéi Ënnerscheeder a Gemeinsamkeeten tëschent verschiddene Sproochen hëllefen den Enseignanten/Enseignanteën an den Educateuren/Educatricen, fir de Kanner hir sproochlech Entwécklung besser ze verstoen an z'erkennen, wou Ursaache fir typesch sproochlech Schwieeregkeete leien. Heefeg ass et nämlech esou, datt dat, wat den Erwuessenen als Feeler gesäit, eng wichteg an noutwenneg Etapp op dem Wee an eng nei Sprooch ass (cf. 3.4, S. 57). D'Wëssen heiriwwer kann Drock ewechhuelen an déi néideg Sécherheet ginn, fir engem Kand déi Zäit ze ginn, déi hatt brauch, fir an eng Sprooch eranzeklammen.

Déi grouss Sproochfamilljen

Déi meescht europäesch Sprooch gehéieren zu de germaneschen, romaneschen a slawesche Sproochen a sinn indogermanesch Sproochen.

- Zu der Famill vun de germanesche Sprooch gehéieren ënnert anerem Englesch, Däitsch, Hollännesch, Lëtzebuergesch (westgermanesch Sproochen) an Dänesch, Schwedesch, Norwegesch (nordgermanesch Sproochen).
- D'Famill vun de romanesche Sproochen ëmfaasst Italienesch, Franséisch, Portugisesch, Spuenesch a Rumänesch.
- Zu der Famill vun de slawesche Sprooch gehéieren ënnert anerem Russesch an Ukrainesch (ostslawesch Sproochen), Polnesch, Tschechesch a Slowakesch (westslawesch Sproochen) a Bulgaresch, Serbokroatesch, Slowenesch a Mazedonesch (südslawesch Sproochen).
- Zu der Famill vun den afroasiatesche Sprooch gehéieren ënnert anerem déi verschidden arabesch Dialekter.

³ Italienesch a Serbokroatesch si weider Sproochen, déi am éischte Cycle heefeg geschwat ginn. Heifir leien am Ament awer keng Sproocherwerbsmodeller vir.

D'Sproochen, déi zu där selwechter Sproochfamill gehéieren, weisen och haut nach an hire Strukture méi oder manner heefeg Gemeinsamkeeten op. Dat erkläert beispillsweis, firwat e portugisesche Mammesproochler an der Reegel relativ séier Spuenesch oder Franséisch léiert a firwat en däitsche Mammesproochler an der Reegel méi séier Hollännesch oder Englesch wéi eng slawesch Sprooch léiert.⁴

Flektéierend Sproochen

Déi indogermanesch Sprooche si sougenannt flektéierend Sproochen: Eng Rëtsch vu grammatesche Funktiounen gi mat Hëllef vu Flexiounsmorphemer duergestallt, wéi beispillsweis d'Konjugatioun vun de Verben oder de Kasus (virun allem Akkusativ an Dativ). Beispill: „*Du verstopps dech* (Konjugatioun) *ënnert dem bronge Schaf* (Dativ)!“.

Flexiounsmorphemer maachen d'Erfaasse vu grammatesche Reegelen dacks méi schwéier. Dëst gëllt besonnesch fir jonk Kanner. Beispill: „*Ech lafen*“; „*mir lafen*“; „*si lafen*“. Dat grammatescht Morphem „-en“ ass fir verschidde Persounen d'selwecht. D'Sujet-Verb-Kongruenz ass deemno net eendeiteg. Am Franséischen ass d'Erfaasse vun der Kongruenz tëschent Sujet a Verb nach méi schwierig, well vill Wieder Endungen hunn, déi d'selwecht klängen (homophon Endungen): „*Je mange*“ [mãʒ], „*tu manges*“ [mãʒ], „*il/elle mange*“ [mãʒ], „*on mange*“ [mãʒ], „*ils/elles mangent*“ [mãʒ].

Genee wéi déi indogermanesch Sprooche gehéiert d'Arabescht zu de flektéierende Sproochen. Esou besteet beispillsweis och an dëser Sprooch eng Sujet-Verb-Kongruenz. Heibäi handelt et sech ëm eng bedeitend Gemeinsamkeet mam Lëtzebuergesch, well et sech ëm eng vun deenen éischte Reegelen handelt, déi e Kand erfaasst. Et gëtt vill verschidden arabesch Dialekter; esou gëtt beispillsweis a Syrien, Ägypten oder Algerien net dee selwechten Dialekt geschwat. An offizielle Situatiounen ginn dës Dialekter allerdéngs net gebraucht, dofir gëtt et, wéi am däitschsproochegen Raum, eng Standardsprooch (cf. Krifka et al. 2014; Schmidt 2018).

Kanner, déi mat Franséisch als Éischtsprooch opwuessen, iwwerdreen d'Reegelen an enger éischter Phas heefeg vun där franséischer op déi lëtzebuergesch Sprooch („*ech mol*“; „*du mol*“; „*hie mol*“),

⁴ Net zu den indogermanesche Sprooche gehéiere Finnesch, Ungaresch, Estnesch a samesch Sproochen. Dëst si Sproochen, déi vun der Aussprooch, dem Wuertschaz an der Grammatik hier wéineg Ähnlechkeete mat den indogermanesche Sproochen opweisen, genee wéi Tierkesch, eng Sprooch, déi zu de sougenannten „Tiersproochen“ gehéiert.

bis si déi entspriechend Reegel entdecken. Dat ass den Transfert vu Sproochwësse vun enger op déi aner Sprooch, deem am viregte Kapitel (cf. 2.3.3, S. 26) schonn ugeschwat ginn ass an deem e bësse méi spéit am Detail beliicht gëtt.

Agglutinéierend Sproochen

Zu den agglutinéierende Sproochen gehéieren ënnert anerem Tierkesch, Ungaresch a Finnesch. D'grammatesch Funktiounen, wéi beispillsweis d'Persoun, den Numerus (Singular, Plural) oder de Kasus (Nominativ, Genitiv, Dativ, Akkusativ asw.) ginn duerch d'Unhänke vu Präfixen oder Suffixe verdäitlecht. Beispill: Dat finnescht Wuert fir Haus, „*talo*“, gëtt am Genitiv zu „*talon*“; „*talon*“ heescht „*mäin Haus*“ an „*talos*“ heescht „*säin Haus*“.

Isoléierend Sproochen

Chinesesch ass beispillsweis eng isoléierend Sprooch. D'grammatesch Funktioun vun engem Wuert, an domat seng Bezéiung zu anere Wieder am Saz, gëtt duerch seng Positioun am Saz verdäitlecht. Isoléierend Sproochen si vun der Grammatik, a speziell vun der Morphologie hier, méi einfach wéi flektéierend Sproochen. Et gëtt eng Rëtsch Etüden, déi dat bestätegen (cf. ënnert anerem Asbrock/Ferguson/Hoheiser-Thiel 2014). Ënnert den indogermanesche Sproochen entwéckelt sech d'Englescht ëmmer méi vun enger Flexiounssprooch zu enger isoléierender Sprooch. Flexiounsmorphemer ginn et bal keng méi (ausser bei „*he eats an apple*“; „*the trees are green*“).

Sproochstrukturell Eegeschaften vu verschiddene Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch a Portugisesch)

	Lëtzebuergesch (LZBG)
Sujet-Verb-Kongruenz Dat finit Verb* passt sech an der Persoun an am Numerus (EZ, MZ) un de Sujet un. (*Verb, dat flektéiert gëtt)	<i>„Ech molen.“</i> <i>„Du mools.“</i> <i>„Hien/hatt moolt.“</i>
Verbstellung am Haaptsaz LZBG an DT: Verbzweetstellung (dat finit Verb steet op där 2. Plaz am Saz) FR a PT: Strikt Reiefolleg Sujet-Verb	<i>„Ech iessen en Apel.“</i> <i>„Dann iessen ech eng Bir.“</i> <i>„Wat ëss du?“</i>
Kasus LZBG an DT: oppe Kasusmarkéierung, déi virun allem un der Flexioun vun den Artikelen erkannt gëtt. FR a PT: de Kasus ass net „oppen“, mä gëtt duerch d'Stellung vum Objet am Saz an/oder duerch Präpositiounen duergestallt.	<i>„Ech molen e Bam.“;</i> <i>„Ech lafen hannert de Bam.“</i> (Akkusativ) <i>„Ech schenken der Joffer d'Bild.“;</i> <i>„Ech verstoppe mech hannert dem Bam.“</i> (Dativ)
Verbstellung an ënnergeuerdente Niewesätz LZBG an DT: Verbedstellung FR a PT: Strikt Reiefolleg Sujet- Verb	<i>„Ech molen e Bild, well d'Joffer Gebuertsdag huet.“</i> <i>„Ech drénke Waasser, well ech duuschtereg sinn.“</i>
Artikel LZBG an DT: 3 grammatesch Geschlechter (männl., weibl., sächlech) FR a PT: 2 grammatesch Geschlechter (männl., weibl.)	<i>„den Hond“; „en Hond“</i> <i>„d'Kaz“; „eng Kaz“</i> <i>„d'Schwäin“; „e Schwäin“</i>

Däitsch (DT)	Franséisch (FR)	Portugisesch (PT)
„Ich male.“ „Du malst.“ „Er/sie malt.“	„Je dessine.“ „Tu dessines.“ „Il/elle dessine.“	„(Eu) desenho.“ „(Tu) desenhás.“ „(Ele/ela) desenha.“
„Ich esse einen Apfel.“ „Anschließend esse ich eine Birne.“ „Was isst du?“	„Je mange une pomme.“ „Puis je mange une poire.“ „Qu'est-ce que tu manges?“	„(Eu) como uma maçã.“ „Depois (eu) como uma pêra.“ „O que é que (tu) comes?“
„Ich male einen Baum.“; „Ich laufe hinter den Baum.“ (Akkusativ) „Ich schenke der Lehrerin das Bild.“; „Ich verstecke mich hinter dem Baum.“ (Dativ)	„Je dessine un arbre.“ (COD) „Je donne l'image à l'institutrice.“ (COI)	„(Eu) desenho uma árvore.“ (COD) „(Eu) dou a imagem à professora.“ (COI)
„Ich male ein Bild, weil die Lehrerin Geburtstag hat.“ „Ich trinke Wasser, weil ich durstig bin.“	„Je dessine une image, parce que l'institutrice fête son anniversaire.“ „Je bois de l'eau parce que j'ai soif.“	„(Eu) desenho uma imagem, porque a professora festeja seu aniversário.“ „(Eu) bebo água, porque (eu) tenho sede.“
„der Hund“; „ein Hund“ „die Katze“; „eine Katze“ „das Schwein“; „ein Schwein“	„le chien“; „un chien“ „le chat“; „un chat“ „le porc“; „un porc“	„o cão“; „um cão“ „o gato“; „um gato“ „o porco“; „um porco“

Sproochstrukturell Ënnerscheeder tëschent Lëtzebuergesch an deenen anere Sproochen

Lëtzebuergesch – Däitsch

- Am Lëtzebuergesch sinn d'Markéierungen am Nominativ an am Akkusativ identesch: *De Bam. De Ball flitt op de Bam. En Apel. Ech iessen en Apel.*
- Am Däitsch sinn d'Markéierungen am Nominativ an Akkusativ an der männlecher Form ënnerschiddlech: *Der Baum. Der Ball fliegt auf den Baum. Ein Apfel. Ich esse einen Apfel.*

Lëtzebuergesch – Franséisch

- Et gëtt kee sächleche Genus am Franséischen.
- D'Reiefolleg vun de Wieder ass an de franséische Sätz manner flexibel wéi an de lëtzebuergeschen.
- Am Lëtzebuergesch gëtt et en oppene Kasus, dat heescht datt de Kasus duerch e Flexiounsmorphem duergestallt gëtt: *D'Kaz läit op dem Bett. Dono kraucht si ënnert d'Bett.* Am Franséisch gëtt et keng Flexiounsmorphemer, déi de Kasus duerstellen: *Le chat est couché sur le lit. Ensuite, il rampe sous le lit.*
- Am Franséisch ginn et vill homophon (gläichkléngend) Endungen, z. B. *je/tu/il/elle/on/ils dessinent: [ə].*

Lëtzebuergesch – Portugisesch

- Et gëtt kee sächleche Genus am Portugiseschen.
- D'Reiefolleg vun de Wieder ass an de portugisesche Sätz manner flexibel wéi an de lëtzebuergeschen.
- Am Lëtzebuergesch gëtt et am Géigesaz zum Portugiseschen en oppene Kasus: *D'Kaz läit op dem Bett. O gato está deitado em cima da cama. Dono kraucht si ënnert d'Bett. Depois gatinha para debaixo da cama.*
- Am Portugisesch sinn d'Endunge vun de Verbe meeschtens eendeiteg: *eu como, tu comes, ele/ela come.* Doduerch ass et net néideg, de Sujet (als Personalpronomen) ze gebrauchen; Portugisesch ass deemno eng „Pro-Drop-Sprooch“ (*como, comes, come*).

3.3 Sproochlech Entwécklung am simultan zweesproochege Kontext

Déi simultan Zweesproochegkeet bei jonke Kanner gëtt schonn zënter laange Joren intensiv erfuerscht: Si bezitt sech op den intensive Kontakt mat méi wéi enger Sprooch virum zweeten oder drëtte Liewensjoer. Wann d'Kand en intensive Kontakt mat deenen zwou Sproochen huet, da léiert hatt déi zwou Sproochen op déi selwecht Aart a Weis, wéi wann et just mat enger Sprooch opwuesse géif.

Dem Adriana seng Mamm schwätzt Hollännesch, säi Papp Lëtzebuergesch. D'Adriana wisst deemno simultan zweesproocheg op. Dëst ass och fir de Pedro de Fall, deen doheem Portugisesch an an der Crèche Lëtzebuergesch schwätzt.

Ënnert gudde Bedéngunge si Kanner, déi mat zwou oder esouguer dräi Sprooche gläichzäiteg opwuessen, net iwwerfuerdert (cf. 2.2.3, S. 16). Scho ganz fréi, dat heescht tëschent ongeféier 18 Méint an zwee Joer, erkenne si, datt si et mat méi Sproochen ze dinn hunn. Wann een déi verschidde Sproochen eenzel kuckt, ass de Wuertschaz vun engem méisproochege Kand meeschtens manner grouss wéi bei engem eesproochege Kand. Dogéint ass awer säi sproocheniiwwergräifende Wuertschaz op d'mannst genee esou ausdifferenzéiert wéi dee vun engem eesproochege Kand (cf. Schneider 2015).

Ass e Kand mat méi wéi enger Sprooch a Kontakt, esou hänkt d'Entwécklung vum sproochspezifische Wuertschaz staark vum Kontext a vun den Interaktiounspartner of. Wann e Kand an engem bestëmmte Kontext virrangeg eng bestëmmte Sprooch gebraucht, kennt hatt kontextspezifesch Begrëffer dacks nëmmen an dëser Sprooch. An deene Situatiounen, an deenen hatt mat Persoune schwätzt, déi verschidde Sprooche gebrauchen, kennt hatt d'Begrëffer awer an zwou oder méi Sproochen.

Kanner, déi vill Kontakt mat zwou Éischtsproochen hunn, entwéckelen a jiddwer vun deenen zwou Sprooche vergläichbar Kompetenze wéi Kanner, déi mat enger vun dëse Sproochen opwuessen.

Dës simultan zweesproocheg Kanner weisen, wéi schonn duergestallt, datt een net fir d'éischt an enger Sprooch e gewëssen Entwécklungsniveau erreeche muss, ier ee mat enger zweeter a Kontakt komme kann.

E Kand, dat gläichzäiteg méi wéi eng Sprooch léiert, vermëscht an der Ufanksphas gären d'Sproochen, beispillsweis andeems hatt Wieder, Reegelen asw. aus där enger an déi aner Sprooch iwwerdréit. Wichtig ass et op dëser Plaz z'ënnersträichen, datt d'Vermëschunge vun de Sproochen um Kand keen Zeeche vu sproochleche Problemer oder enger sproochlecher Iwwerforderung ass, mä datt dës eng Tëschenetapp an der méisproocheger Entwécklung duerstellt. Och nach spéider kënne méisproocheg Kanner, Jonker an Erwuessener op Sproochmëschungen als eng kommunikativ Strategie zeréckgräifen (cf. Panagiotopoulou 2016).

Mëschungen tauchen an alle sproochleche Beräicher op. Am semantische Beräich gi Wieder vun enger un déi aner Sprooch ausgeléint (dat gëtt als „*Borrowing*“ bezeechent), oft kënnt et och zu neie Konstruktiounen:

D'Lara (sechs Joer) erzielt d'Geschicht vum Hingerdéif (*Le voleur de poule – une histoire sans paroles*) op Portugisesch, weess awer net, wéi een de Fuuss op Portugisesch nennt. Zweek Mol freet hatt den Enseignant no der Bezeechnung, bei der drëtter Kéier konstruéiert hatt sech selwer e Begrëff: *Fuussinho* („*E foram para casa e estava lá o ,Fuuss-inho' ”*“ – „*Si sinn heemgaangen an do war e ,Fuuss-inho' ”*“). De lëtzebuergesche Stamm gëtt verbonne mat engem portugisesche Suffix, deem den Diminutiv duerstellt (kleng Fuuss).

Am grammatesche Beräich kënnt et oft zu ganz kreativen Produktiounen: „*Dat si Gatoen!*“ Deen am Plural dacks benotzte Suffix -en gëtt hei als Endung un e portugisescht Wuert ugehaangen (*gato* – Kaz). Am phonologesche Beräich kann d'Kand d'Betounung bei eenzele Wieder vun enger an déi aner Sprooch iwwerdroen – heefeg ass dës bei ähnleche Wieder de Fall. Dës weist, datt besonnesch Sproochen, déi vill strukturell Gemeinsamkeiten opweisen, ënnerteneen e grouss Vermëschungspotential hunn. Lëtzebuergesch, Däitsch an Hollännesch, dräi westgermanesch Sproochen, weisen vill Gemeinsamkeiten op, genee wéi och déi dräi romanesch Sproochen Portugisesch, Spuenesch a Franséisch.

3.4 Sproochlech Entwécklung am fréie sequenziell zweesproochege Kontext

Bis zu engem Alter vu fënnf bis sechs Joer léiert e Kand eng Zweet- oder Drëttsprooch nach ganz ähnlech wéi eng Éischtsprooch, dat heescht ënnert Réckgrëff op déi selwecht Strategië (cf. Tracy 2008, S. 11). Dee fréien Zweetsproocherwerb duerchleeft an der Reegel an deenen zentrale Beräicher déi selwecht Phase wéi den Éischtsproocherwerb.

Nom éischte Kontakt mat där neier Sprooch fänkt déi Phas un, an där d'Kand sech an eng Sprooch eralauscht, déi sougenannten „Einhörphase“. Während dëser Zäit erkennt d'Kand speziell d'Saz- an d'Wuertgrenzen, andeems hatt de sproochspezifische Rhythmus, d'Sproochmelodie an d'Akzentsetzung vun der Sprooch erfaasst. Dës Phas dauert am Duerchschnitt tëscht dräi a véier Méint. Jee nodeems, wéi ähnlech oder verschidden dës Sprooch sinn, ka si och bis zu néng Méint daueren (cf. Peltzer-Karpf 2011, S. 231; Apeltauer 2014, S. 218). Individuell Facteuren, esou wéi d'Perséinlechkeet vum Kand, kënnen hei och eng Roll spillen.

Sproochen am Kontakt

Fir d'Veaarbechtung vun enger Zweetsprooch, mat där e Kand méi spéit a Kontakt komm ass, ginn zousätzlech zentralneurologesch Arealer aktivéiert. Et triede geheet sougenannte „Sproochkontaktphänomener“ oder „Interlanguageeffekter“ op, well déi Strukturen, déi schonn an der éischter Sprooch do sinn, en Afloss op den Erwerb vun de Strukturen an där neier Sprooch hunn (Schmidt 2014a). Kanner, déi an eng nei Sprooch eraklammen, gebrauchen deemno heefeg Wieder oder Sazdeeler aus där Sprooch/deene Sproochen, déi si scho kennen, fir sech an där neier Sprooch ausdrécken ze kënnen a verstanen ze ginn: „Do kënnt eng gato.“ (Do kënnt eng Kaz.); „Ech spille com Laura.“ (Ech spille mam Laura.); „Pinto um Schoulsak.“ (Ech molen e Schoulsak.); „Ech kucken o livro do Paulo.“ (Ech kucken dem Paulo säi Buch.).

Dëst geschitt ënnert anerem dann, wann de Gesprächspartner selwer och déi zwou Sprooch versteeet oder wann e Kand an enger Sprooch net déi néideg Wieder huet, fir sech matzedeelen an dës dann an eng aner Sprooch „léine“ geet. An deem Fall gëtt Sproochemëschchen als Hëllefstrategie verstanen. Lexikalesch Lücken (Lächer am Wuertschaz) an enger Sprooch ginn duerch Wieder aus

enger anerer Sprooch gefëllt. Doniewent gräife Kanner an deem Alter och op Wierder oder Sazdeeler aus enger anerer Sprooch zeréck, fir hiert Wëssen an engem Beräich auszedrécken oder awer aner Interaktiounspartner an- resp. auszeschléissen (García & Wéi 2014, S. 82). Dës ass beispillsweis de Fall, wann an enger franséischsproocheger Famill d'Kanner ënnert sech Lëtzebuergesch als „Geheimsprooch“ schwätzen.

Am Verglach zu Kanner, déi simultan zwee- oder méisproocheg opwuessen, gëtt et bei Kanner, déi eng nei Sprooch méi spéit léieren, virun allem Ënnerscheeder bei der Aussprooch, der Betounung, der Melodie (Prosodie) a beim Rhythmus. Och de Wuertschaz an d'grammatesch Fäegkeeten entwéckele sech méi séier, wat e Kand méi jonk ass.

Op där anerer Säit gëtt et awer och Beräicher, an deenen an engem spéideren Alter Fortschrëtt méi séier méiglech sinn. Beispillsweis fänkt e portugiseschsproochegt Kand vun dräi Joer dacks schonn no e puer Méint Kontakt mam Lëtzebuergesch un, d'Verben ze flektéieren: *Ech molen, du mools, hien/hatt moolt*. Dat léisst sech doduerch erklären, datt am Portugiseschen d'Verben och flektéiert ginn: *Eu como, tu comes, ele/ela come*. D'Kand huet eng Reegel, an deem Fall d'Sujet-Verb-Kongruenz-Regel, a senger éischter Sprooch schonn erfaasst an iwwerdréit dës a seng Zweetsprooch. Hei schwätzt ee vun engem positiven Transfert.

Negativ Transferten (Interferenzen) tëschent de Sproocher geschéien dann, wann e Kand eng Reegel vu senger éischter op déi aner Sprooch(en) iwwerdréit, et dës Reegel awer an där zweeter Sprooch esou net gëtt. „Der Begriff Interferenz bezeichnet nicht zielsprachliche Äußerungen, die sich durch einen Transfer, also die Übertragung sprachlichen Wissens aus einer Sprache in eine andere ergeben“ (Apeltauer, 2014). Am Folgende ginn déi grammatesch, lautlech a semantesch Interferenzen e bësse méi am Detail beschriwwen.

Grammatesch Reegele kënnen vum enger op eng aner Sprooch iwwerdroe ginn. Ënnerschiedlech Reegele féieren dee Moment zu Interferenzfeeler (Schmidt 2014a & 2014b; Schneider 2015): „*Lo ech ginn an d'Schoul*.“ („*Maintenant je vais à l'école*.“); „*De Pit spillt mam Auto, well et reent dobaussen*.“ („*Pit joue avec la voiture, parce ce qu'il pleut dehors*.“).

An dës Beispiller gëtt déi ganz strikt Syntax vum de franséischen Haapt- an Niewesatz vum engem franséischsproochegen Kand op déi lëtzebuergesch Sprooch „transferéiert“. Am Franséischen, genee wéi am Portugiseschen, steet de Sujet virum Verb. Am Lëtzebuergesche bestëmmt d'Verbzweetstellung den Opbau vum Saz.

Lautlech Interferenzen trieden niewent grammateschen op. Zu de lautlechen Interferenzen zielen de Sproochrhythmus, d'Intonatioun an d'Phonologie. Dëst weist sech duerch e bestëmmten Accent oder doduerch, datt ee Laut wéi an där éischter Sprooch ausgeschwat gëtt. E gutt Beispill ass den Zongespëtzen-r am Portugiseschen, dee vu ville lëtzebuergesche Mammesproochler als velaren „r“ ausgeschwat gëtt. Och den „ch“ ass en typescht Beispill vun engem lautlechen Interferenzfeeler: E Wuert wéi „*Milch*“ gëtt vu Persounen, déi als staark Sprooch Lëtzebuergesch schwätzen, gär als „*Milsch*“ [ʃ] ausgeschwat. Dës phonologesch Aspekter si selbstverständlech fir dee méisproochegen Erwerb manner wichteg wéi Interferenzen, déi beispillsweis am grammatesche Beräich bestinn.

Semantesch Interferenzen entsti virun allem dann, wann zwee Wierder an deenen zwou Sproochen ähnlech kléngen, mä awer ënnerschiddlech Bedeitungen hunn, respektiv net an deem selwechte Kontext gebraucht ginn. En typescht Beispill ass dat Wuert „*Kutsch*“: „*Ech gi mat der Kutsch spadséieren*“ kann net als „*Ich gehe mit der Kutsche spazieren*“ (am Sënn vu „*Kinderwagen*“) iwwersat ginn. Lexikalesch Interferenze sinn deemno besonnesch dann heefeg, wann zwou Sproochen vill lautähnlech Wierder hunn.

Fir Enseignanten/Enseignanteën an Educateuren/Educatricen ass et wichteg ze wëssen, datt all dës Forme vu Sproochmëschung net als Problemer an der sproochlecher Entwécklung vun engem Kand ze verstoe sinn. An der Reegel weisen dës sproochlech Particularitéiten op en dynamesch-kreativen Ëmgank mat de Sproochen hin. Si sinn net onbedéngt en Zeechen, datt d'Kand mat senge Sproochen iwwerfuert ass (Muysken 2008; Zollinger 2004; Duverger/Maillard 1996).

3.5 Problemer an der Sproochentwécklung

De Sproocherwerb leeft net ëmmer no deenen uewen zitéierte Sproocherwerbsphasen of. D'Kand ka sech ënnert Ëmstänn schwéierdoen, fir bestëmmte grammatesch, semantesch a lautlech Aspekter z'erfaassen. Ursaache gëtt et der vill: Si kënnen sech op eenzel intern oder extern Bedéngunge bezéien, meeschtens awer op eng Kombinatioun vu méi Bedéngungen. Erwuessener hunn heefeg d'Tendenz, sproochlech Problemer un dem Kand selwer festzemaachen (intern Bedéngungen). Dobäi gëtt heefeg iwwersinn, datt d'Ëmfeld, an deem d'Kand opwiisst, en entscheidenden Afloss op seng Sproochentwécklung huet (extern Bedéngungen).

Déi extern Bedéngungen hänken virun allem mat der Organisatioun vun de Sproochen am noen Ëmfeld vum Kand zesummen, déi sech esouwuel op d'Sproochpraxis doheem wéi och op de Sproochgebrauch an der Schoul bezitt.

- Wéi eng Sprooch(e) gebrauchen déi Persounen, déi reegelméisseg mam Kand interagéieren (d'Mamm, de Papp, d'Enseignanten/Enseignanteën, d'Educateuren/Educatricen asw.)?
- Wéini gebrauch si wéi eng vun dese Sproochen? Firwat?
- Gebrauche si an der Regel hir staark Sprooch, deemno déi Sprooch, déi si am beschte schwätzen?
- Wéi eng Sprooch gebrauch si als gemeinsam Sprooch, wa méi wéi eng Sprooch an der Famill geschwat gëtt?

Zu den interne Bedéngunge gehéiert fir d'éischt den auditiven Aarbechtsspäicher, deen no den haitegen Erkenntnisser dee gréissten Afloss op d'Sproochentwécklung huet. Sechs bis acht Prozent vun de Kanner hunn eng spezifesch Sproochentwécklungsstörung⁵: Trotz enger altersgeméiss entwéckelter nonverbaler (also netsproochlecher) Intelligenz duerchlafen dës Kanner déi eenzel Phase vum Sproocherwerb staark verzögert a weisen am Verglach mat der normaler

⁵ Spezifische Sprachentwicklungsstörung (SSES); trouble spécifique du langage (TSL); specific language impairment (SLI)

Sproochentwécklung en heterogene Profil op: Et gi Beräicher an der sproochlecher Entwécklung, déi méi staark vun der Stéierung betraff si wéi anerer. Als wichtegsten Indiz vun enger SSES gëllt et, wann d'Kand zentral grammatesch Reegele vun enger Sprooch méi spët erfaasst. Am Lëtzebuergesche bereet beispillsweis den Erwerb vun der Verbzweetstellungsreegel de Kanner vill Kappbrieches, wat dacks dorunner feststellen ass, datt e finit Verb (also e Verb, dat flektéiert gëtt) vill méi oft a während vill méi enger laanger Zäit un drëtter Plaz am Saz steet (*Mar ech ginn an d'Schoul*). Dëst ass beispillsweis de Fall bei Kanner, déi als Éischtsprooch eng romanesch Sprooch hunn an als Zweetsprooch Lëtzebuergesch léieren. Si „iwwersetze“ ganz gäre während enger gewëssener Zäit aus dem Franséischen (z.B. *Demain, je vais à l'école*).

Hei ass et wichteg, datt d'Elteren oder d'Léierpersonal dëst erkennen a sech mat engem Spezialist aus engem *Centre de Compétences* a Verbindung setzen. Deem seng Aufgab ass et dann, fir eng Diagnos opstellen an déi entspriechend Moosnamen an d'Weeër ze leeden. Intervenéieren heescht an dësem Kontext net onbedéngt, datt d'Kand eng Therapie ugebuede kritt. Dëst ass besonnesch dann de Fall, wann déi extern Bedéngungen net gutt sinn. Eng éischt Etapp kann et sinn, datt doheem respektiv an der Schoul e Kontext geschafe gëtt, deem et erlaabt, dem Kand seng Schwierigkeeten opzefänken. Dëst ka beispillsweis ee bewusst organiséierte Kontext sinn, an deem d'Sproocher bewusst agesat ginn a vill a gutt mam Kand geschwat gëtt (cf. Schmidt 2011).

Kanner, déi Symptomer vun enger Sproochentwécklungsstéierung opweisen oder bei deenen eng Sproochentwécklungsstéierung diagnostizéiert ginn ass, brauchen net op de simultanen oder sequenziellen Erwerb vun enger Zweetsprooch ze verzichten. Engersäits schéngt eng Zweetsprooch d'Problematik an der éischter Sprooch net ze verschlimmeren an anerersäits schéngen dës Kanner och vun de positiven Effekter vun enger fréier méisproocheger Erzéiung ze profitéieren (cf. Genesee/Paradis/Crago 2004).

Am drëtten Deel „Sprooch a Sproochen am éischte Cycle“ gëtt sech ganz intensiv mat der Fro beschäftegt, wéi am Kontext Schoul d'Sproocheléiere kann organiséiert ginn, fir datt d'Viraussetzung ginn ass, datt all Kand vun de Virdeeler vun der fréier Méisproochegkeet ka profitéieren.

3.6 Referenzen

Bibliographie

APELTAUER, E. (2014): Wortschatzentwicklung und Wortschatzarbeit in der Vor- und Grundschule. Flensburger Papiere zur Mehrsprachigkeit und Kulturreichhalt im Unterricht, Universität Flensburg.

ASBROCK, D.; FERGUSEN, C.; HOHEISER-THIEL, N. (2014): Sprachdiagnostik bei mehrsprachigen Vorschulkindern. Köln: ProLog.

BROWN, R. (1973): A First Language. The Early Stages. Cambridge, CA: Harvard University Press.

BRUNER, J. (2008): Wie das Kind sprechen lernt. Bern: Huber.

CLAHSEN, H. (1984): The Acquisition of German Word Order. A Test Case for Cognitive Approaches to L2 Development. Aus: Andersen, R. W. (Hrsg.): Second Languages. A Cross-linguistic Perspective. Rowley, MA: Newbury House, 219-242.

DANNENBAUER, F. M. (1992): Grammatik. Aus: BAUMGARTNER, S.; FÜSSENICH, I. (Hrsg.): Sprachtherapie mit Kindern. München: Reinhardt, 105-161.

DEHN, M.; OOMEN-WELKE, I.; OSBURG, C. (2012): Kinder & Sprache(n). Was Erwachsene wissen sollten. Seelze-Velber: Klett/Kallmeyer.

DUVERGER, J.; MAILLARD, J.-P. (1996): L'enseignement bilingue aujourd'hui. Saint-Amand-Montrond: Bussières Camedan.

GARCÍA, O.; WEI, L. (2014): Translanguaging. Language, Bilingualism and Education. New York: Palgrave Macmillan.

GENESEE, F.; PARADIS, J.; CRAGO, M. (2004): French-English Bilingual Children with SLI. How Do They Compare with Monolingual Peers? Aus: Journal of Speech, Language and Hearing Research, 46, 113-127.

HACKER, D. (1999): Phonologie. Aus: BAUMGARTNER, S.; FÜSSENICH, I. (Hrsg.): Sprachtherapie mit Kindern. München: Reinhardt, 105-161.

HEINEN, S.; KADOW, H. (1990): The Acquisition of French by Monolingual Children. Aus: MEISEL, J. (Hrsg.): Two First Languages: Early Grammatical Development in Bilingual Children. Dordrecht: Foris, 47-72.

KRIFKA, M. et al. (2014): Das mehrsprachige Klassenzimmer. Über die Muttersprachen unserer Schüler. Berlin: Springer.

KÜSPERT, P.; SCHNEIDER, W. (2000): Hören, lauschen, lernen. Sprachspiele für Kinder im Vorschulalter. Würzburger Trainingsprogramm zur Vorbereitung auf den Erwerb der Schriftsprache. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht.

LORANG, M. (2014): Erwerb grammatischer Fähigkeiten von Kindern mit Portugiesisch als Erstsprache im Alter zwischen zwei und vier Jahren. Inaugural-Dissertation, Universität zu Köln.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché du Luxembourg (2015). Enseignement fondamental. Cycles 1 à 4. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2013/14. Luxembourg: MENJE.

MENJE – Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Grand-Duché du Luxembourg (2016). Enseignement fondamental. Éducation différenciée. Statistiques globales et analyse des résultats scolaires. Année scolaire 2014/15. Luxembourg: MENJE.

MOTSCH, H.-J. (2010): Kontextoptimierung. München: Reinhardt.

MOTSCH, H.-J. (2015): ESGRAF 4–8. Grammatiktest für 4- bis 8-jährige Kinder. München: Reinhardt.

MUYSKEN, P. (2008): Two Linguistic Systems in Contact. Grammar, Phonology and Lexikon. Aus: BHATIA, T. K.; RITCHIE, W. C. (Hrsg.): The Handbook of Bilingualism. Malden: Blackwell Publishing Ltd., 147-168.

PANAGIOTOPOULOU, A. (2016): Mehrsprachigkeit in der Kindheit. Perspektiven für die frühpädagogische Praxis. München: Weiterbildungsinitiative Frühpädagogische Fachkräfte, WIFF Expertisen, Band 46.

PELTZER-KARPF, A. (2011): Neurologische Grundlagen des Spracherwerbs unter speziellen Bedingungen. Aus: Österreichische Gesellschaft für Sprachheilpädagogik. 15. Kongress in Wien. Sprache(n) lernen. Rimpach: edition von freisleben, 147-164.

ROTHWEILER, M. (2001): Wortschatz und Störungen des lexikalischen Erwerbs bei spezifisch sprachentwicklungsgestörten Kindern. Heidelberg: Winter.

RUPP, S. (2013): Semantisch-lexikalische Störungen bei Kindern. Sprachentwicklung. Blickrichtung Wortschatz. Berlin: Springer.

SCHMIDT, M. (2010): Kontextoptimierte Gruppentherapie zur Förderung früher grammatischer Fähigkeiten in der Erst- und Zweitsprache. Eine randomisierte Interventionsstudie. Inaugural-Dissertation, Universität zu Köln.

SCHMIDT, M. (2011): Gezielte Förderung lautsprachlicher Fähigkeiten. München: Reinhardt.

SCHMIDT, M. (2014a): Sprachtherapie mit mehrsprachigen Kindern. München: Reinhardt.

SCHMIDT, M. (2014b): Kontextoptimierung für Kinder von 3-6 Jahren. 85 Praxiseinheiten für die Förderung grammatischer Fähigkeiten. München: Reinhardt.

SCHMIDT, M. (2018): Kinder in der Kita mehrsprachig fördern. Schritt für Schritt in die Praxis. München: Reinhardt.

SCHNEIDER, S. (2015): Bilingualer Erstspracherwerb. München: Reinhardt.

SZAGUN, G. (2011): Das Wunder des Spracherwerbs. So lernt ihr Kind sprechen. Weinheim: Beltz.

TRACY, R. (2008): Wie Kinder Sprachen lernen. Und wie wir sie dabei unterstützen können, 2. überarbeitete Auflage. Tübingen: Francke.

WIEDENMANN, M. (Hrsg.) (1997): Handbuch Sprachförderung mit allen Sinnen. Weinheim: Beltz.

ZIMMER, R. (2006): Bewegung und Sprache. Verknüpfung des Entwicklungs- und Bildungsbereichs Bewegung mit der sprachlichen Förderung in Kindertagesstätten. Deutsches Jugendinstitut. Aus: https://www.dji.de/fileadmin/user_upload/bibs/384_Expertise_Bewegung_Zimmer.pdf (01.08.2018)

ZOLLINGER, B. (2010): Die Entdeckung der Sprache. Stuttgart: Thieme.

Tabell

Tabell 6: Iwwerbléck iwwert d'sproochstrukturell Eegeschafte vun de Sprooch Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch a Portugisesch.

Layout an Illustratiounen: GAM S.A., Lëtzebuerg
www.gam.lu

SPRO BIBLI



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

